

DE KANTON RÉIDEN *Magazine*

Édition
française &
luxembourgeoise



SYNDICAT KANTON RÉIDEN

35. Gebuertsdag
35^e anniversaire

JEAN SCHAUS

Liewenserënnerungen
Mémoires de vie

OP DER SCHOCK

Interview
Entretien



INHALT - SOMMAIRE

04

Virwuert

Préface

06

Aktuelles aus de Gemengen
an aus dem Kanton

Actualités des
communes et du canton



© Kanton Réiden

22

Kanner & Jugend

Enfance & Jeunesse

34

Senior

Sénior



© PRIVAT

38

Fräizäit & Tourismus

Loisirs & Tourisme

42

Ėmwelt

Environnement



© LWK

56

Lokal Ekonomie

Economie locale

63

Kultur

Culture



82

Sport

86

Agenda

87

Spiller

Jeux

Impressum

Editeur, concept & réalisation :
brain&more -
agence en communication

Rédaction :
Syndicat Kanton Réiden &
partenaires

Photo de couverture :
Vlad ION / Unsplash

Renseignements :
magazine@kanton-reiden.lu
Tous droits réservés

Prochaine parution :
Mars 2026

Clôture :
10.02.2026

Tirage :
9.280

Impression :
Imprimerie Heintz

Papier recyclé FSC (C103749)
Imprimé au Luxembourg



Régie publicitaire
brain&more -
agence en communication
(+352) 26 84 71 - 1
brain@brain.lu

VIRWUERT



An enger politesch turbulenter Zäit mat radikalen Ännerungen, wéi der Däitscher Eenheet oder dem Zerfall vun der Sowjetunioun, hu sech de 6. Mäerz 1990 fënnef vun den deemools zéng Gemengen aus dem Kanton Réiden zu engem wichtege Schrëtt entscheet, deen eis Regioun gepräagt huet an d'Liewensbedingunge vun eise Biergerinnen a Bierger iwwer déi nächst Joerzénge verbessert huet: Den interkommunale Syndikat vum Réidener Kanton war gebuer.

No Joren, an deenen d'Populationszuelen an de ländleche Gemengen aus dem Kanton Réiden ëmmer méi erofgaange sinn, et ëmmer manner Aarbechtsplazen an e Mangel u wichtege Infrastrukture gouf, war kloer, datt misst gehandelt ginn. Fir eng eenzel Gemeng war dës Aufgab allerdéngs net ze meeschten. Nëmme duerch eng enk Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemenge konnten déi néideg finanziell Mëttel opbruecht ginn, fir gemeinsam Léisungen op d'Been ze stellen. No an no hunn och déi aner

Gemengen aus dem Kanton dës erkannt, sou datt am Joer 2000 mat Useldeng och déi lescht Gemeng Member vum Syndikat gouf.

D'Schafe vun interkommunalen Aktivitéitszonen hat fir déi deemoleg Kommunalpolitiker héchst Prioritéit. Duerch dës Zone konnten nei Recettë fir d'Gemengen an zousätzlech Aarbechtsplaze geschaf ginn. No a no sinn nach aner wichteg Projete entstanden, wéi beispillsweis den Ausbau vum Altersheem zu Réiden, d'Crèche zu Räichel, eng Energieberodung, den Atert-Lycée, den Ausbau vum öffentlichen Transport.

Iwwer déi lescht Joren huet de Syndikat sech zu enger dynamescher Struktur entwéckelt, déi haut mat hiren néng Servicer am Ganzen 52 Mataarbechter beschäftegt. De Syndikat funktionéiert weiderhin nom Subsidiaritéitsprinzip, dat heescht, datt nëmme Projete ëmgesat ginn, bei deenen d'Gemengen ee gemeinsamen Interêt hunn an déi se eleng net kéinte realiséieren. Servicer wéi den Tourist-Infopoint, d'Energieberodung, de Service Sports (fréier Sport-Krees), d'Crèche oder d'Gestion locative sociale weisen, wéi breet de Syndikat méttlerweil opgestallt ass.

Mat där Dynamik wëlle mir och déi nächst 35 Joer an Ugrëff huelen. Dobäi ziele mir op eng engagéiert Ekip an eise Servicer, an op de staarke Solidaritéitsgedanken tëscht de Gemengen, deen eis säit vill Jore verbënnt. Ech wënschen eisem Kanton, datt de Pionéiergeesch, deen de Wëlle Westen ausmécht, och an Zukunft staark bleift an eis Regioun weiderhin opbléie léisst.

Zum Schluss, wëll ech nach de Grënnungspappe vum Syndikat e grouse Merci soen – fir hir Wäitsicht, hir Ausdauer an hire feste Wëllen, eise Kanton no vir ze bréngen. Mäi Merci gëllt och allen aktuelle wéi och fréiere Kolleegen aus eise Gemengen, fir hiert Engagement, hiert Vertrauen an déi gutt Zesummenaarbecht iwwer all déi Joren.

Thierry LAGODA
President vum Syndikat Kanton Réiden



PRÉFACE

À une époque politiquement mouvementée, marquée par des changements radicaux tels que la réunification allemande ou l'effondrement de l'Union soviétique, cinq des dix communes du canton de Redange ont pris, le 6 mars 1990, une décision majeure qui a profondément marqué notre région et amélioré les conditions de vie de nos citoyennes et citoyens pour les décennies à venir : la création du Syndicat intercommunal Réidener Kanton.

Après des années de déclin démographique dans les communes rurales du canton, la diminution des emplois et le manque d'infrastructures essentielles, il était évident qu'il fallait agir. Pour une seule commune, une telle tâche était impossible à accomplir. Seule une coopération étroite entre communes voisines permettait de réunir les moyens financiers nécessaires pour mettre sur pied des solutions communes. Peu à peu, les autres communes du canton ont rejoint l'initiative, si bien qu'en 2000, avec l'adhésion d'Useldange, la dernière commune devint membre du syndicat.

La création de zones d'activités intercommunales fut la priorité absolue des responsables communaux de l'époque. Ces zones ont permis de générer de nouvelles recettes pour les communes et de créer des emplois supplémentaires. Au fil du temps, d'autres projets importants ont vu le jour, tels que l'extension de la maison de retraite à Redange, la crèche à Reichlange, le service de conseil en énergie, le Atert-Lycée ou encore l'amélioration des transports publics.

Au cours des dernières années, le syndicat s'est transformé en une structure dynamique, qui emploie aujourd'hui 52 personnes réparties sur neuf services. Il fonctionne toujours selon le principe de subsidiarité, c'est-à-dire qu'il ne réalise que des projets présentant un intérêt commun aux communes membres et qu'elles ne pourraient pas mettre en œuvre seules. Des services tels que le Tourist Infopoint, le conseil en énergie, le service sports (ancien « Sport-Krees »), les crèches ou la gestion locative sociale illustrent la diversité des missions actuelles du syndicat.

Avec cette même dynamique, nous abordons également les 35 prochaines années. Nous comptons sur une équipe engagée au sein de nos services et sur l'esprit de solidarité fort entre les communes, qui nous unit depuis tant d'années. Je souhaite à notre canton que l'esprit pionnier, qui fait la force du Wëlle Westen, reste vivant à l'avenir et continue de faire rayonner notre région.

Enfin, je tiens à adresser mes sincères remerciements aux pères fondateurs du syndicat pour leur clairvoyance, leur persévérance et leur volonté déterminée de faire avancer notre canton. Ma gratitude va également à tous les collègues actuels et anciens de nos communes pour leur engagement, leur confiance et l'excellente collaboration au fil des années.

Thierry LAGODA
Président du Syndicat Kanton Réiden

KORKESTËPP FIR EEN ASSISTENZMUPP

Zënter der Schoulrentrée huet d'Gemeng Préizerdaul e Concours gestart: et geet drëm, fir esou vill wéi méiglech Korkestëpp – vu Wäin- a Schampes-fläschen – ze sammeln. D'Responsabel vum Concours, d'Arlette Hoffmann vun der Préizerdauler Gemeng, gëtt eis méi Detailler.

Firwat sammelt Dir Korkestëpp?


Korkestëpp gi gesammelt fir Assistenzhënn vun der ASA, Amicale vun der Schoul fir Assistenzhonn asbl, ze parrainéieren. Et ginn 9.721.627 Korkestëpp gebraucht fir 1 Assistenzhond mat senger Formatioun ze finanzéieren.

Wéi ka jidderee matmaachen?

Einfach Korkestëpp sammeln an an enger Maison Relais oder Gemeng vum Kanton Réiden ofginn. D'Aktioun leeft bis den 30. Juni 2026.

Wat ass fir lech perséinlech d'Motivatioun fir un dëser Sammelaktioun deelzehuelen?

Meng Motivatioun fir d'ASA ze ënnerstëtze koom wéi ech de Replay, den Assistenzhond vu menger Duechter Aline, kenne geléiert hunn. Hatt schafft mat Kanner mat spezielle Besoinen an de Replay assistéiert dobäi mat vill Léift a Gedold. Ech sinn iwwerzeegt, datt d'Hënn vun der ASA eng grouss Beräicherung fir hir Asazplaz sinn.



BOUCHONS EN LIÈGE POUR UN CHIEN D'ASSISTANCE

Depuis la rentrée scolaire, la commune de Préizerdaul organise un concours visant à collecter le plus grand nombre possible de bouchons en liège provenant de bouteilles de vin et de champagne. L'objectif est de soutenir l'ASA – Amicale de l'école pour chiens d'assistance asbl.

Selon Arlette Hoffmann, responsable de l'action, 9 721 627 bouchons sont nécessaires pour financer un chien d'assistance avec sa formation. Chacun peut participer en déposant ses bouchons dans une Maison Relais

ou une administration communale du canton de Redange, et ce jusqu'au 30 juin 2026.

L'engagement personnel d'Arlette Hoffmann vient de son expérience avec Replay, le chien d'assistance de sa fille Aline, qui travaille avec des enfants à besoins spécifiques : « Replay aide avec beaucoup d'amour et de patience, et constitue un véritable atout dans son environnement professionnel. »



**Kontakt bei Froen (moies)
Contact (le matin)**

Arlette Hoffmann
(+352) 26 62 99 190

D'GEMENG USELDENG WEIT HIREN NEIE SCHOULKOMPLEX AN

LA COMMUNE D'USELDANGE INAUGURE SON NOUVEAU COMPLEXE SCOLAIRE



A Presenz vum Educationnsminister Claude Meisch huet d'Useldenger Gemeng zesumme mat ville lokalen a nationale Politiker den 31.10.2025 hiren neie Schoukumplex ageweit.

Dësen ambitiëse Projet ass mat 16,3 Milliounen Euro eng Investitioun an d'Zukunft vun de Jonken an der Gemeng. Duerch den Ausbau huet d'Schoul sou wéi d'Maison Relais elo eng Kapazitéit fir ronn 335 Kanner ze betreien.



En présence du ministre de l'Éducation, Claude Meisch, la commune d'Useldange a inauguré, le 31 octobre 2025, son nouveau complexe scolaire, en compagnie de nombreux responsables politiques locaux et nationaux.

Ce projet ambitieux, d'un montant de 16,3 millions d'euros, représente un

investissement dans l'avenir de la jeunesse de la commune. Grâce à cette extension, l'école et la Maison Relais peuvent désormais accueillir environ 335 enfants.





FEIERLICHE EINWEIHUNG VON CAMILLE'S GAART



Rund 150 geladene Gäste erinnerten am 19. September 2025 an Camille Gira, den langjährigen Bürgermeister und Staatssekretär für Nachhaltige Entwicklung und Umwelt, der 2018 unerwartet verstarb. Die Gemeinde Beckerich, der Verein natur&ëmwelt (Sektoun Kanton Réiden) und Gira's Familie haben ihm mit *Camille's Gaart* hinter der Kulturmillen ein bleibendes Denkmal für seine herausragende und sehr engagierte Persönlichkeit gesetzt – einen Ort der Ruhe, Inspiration und Begegnung.

In ihren Ansprachen würdigten Bürgermeister Thierry Lagoda, Gérard Anzia und Simone Weber Gira's Wirken, Werte und das Engagement aller Beteiligten.

Nach den offiziellen Reden führte Clod Thommes die Besucherinnen und Besucher zu den Skulpturen der 15 Stationen und bereicherte die Führung mit poetischen Texten über Gira's Leben und Denken.

Bei Aperitif, Musik und Tanz klang der Abend stimmungsvoll aus – ganz im Sinne Camille Gira's. *Camille's Gaart* ist nun öffentlich zugänglich und lädt dazu ein, Kunst und Natur im Wandel der Jahreszeiten zu entdecken. Eine Begleitbroschüre liegt am Eingang des Gartens aus.

INAUGURATION SOLENNELLE DE CAMILLE'S GAART

Environ 150 invités se sont réunis le 19 septembre 2025 pour rendre hommage à Camille Gira, ancien bourgmestre et secrétaire d'État au Développement durable et à l'Environnement, décédé subitement en 2018. La commune de Beckerich, l'association natur&ëmwelt (section canton de Redange) et la famille Gira lui ont dédié, avec Camille's Gaart situé derrière la Kulturmillen, un monument vivant à la hauteur de sa personnalité exceptionnelle et profondément engagée – un lieu de calme, d'inspiration et de rencontre.

Dans leurs discours, le bourgmestre Thierry Lagoda, Gérard Anzia et Simone Weber ont honoré l'action, les valeurs et l'engagement de Camille Gira ainsi que celui de

toutes les personnes impliquées dans le projet.

Après les interventions officielles, Clod Thommes a guidé les visiteurs parmi les sculptures des 15 stations et a enrichi la visite de textes poétiques évoquant la vie et la pensée de Gira.

Autour d'un apéritif, de musique et de danse, la soirée s'est achevée dans une atmosphère chaleureuse – fidèle à l'esprit de Camille Gira.

Camille's Gaart est désormais ouvert au public et invite à découvrir l'art et la nature au fil des saisons. Une brochure d'accompagnement est disponible à l'entrée du jardin.

**Weitere Informationen und
Termine für geführte Rundgänge**
*Plus d'informations et dates des
visites guidées*



kulturmillen.lu



GEMEINDE
BECKERICH



D'WANDRAD VU BIEKERECH GOUF AGEWEIT



De 24. September 2025 war e wichtige Moment fir d'Gemeng Biekerech: déi nei Wandmille gouf offiziell ageweit – an dat a Presenz vum Wirtschaftsminister Lex Delles.

Och wann d'Wieder net matgespillt huet – vill Reen, Wand a richtegt Hierschtwieder – ass d'Aweigung a gudder Stëmmung verlaf.

De Paul Kauten vun der Associatioun Energy Revolt huet d'Konzept vun der Energie-Gemeinschaft Biekerech virgestallt.

D'Iddi ass, datt de Stroum, deen zu Biekerech produzéiert gëtt, op der Plaz ka genotzt ginn. Dës Gemeinschaft ëmfaasst net nëmmen d'Wandenergie, mee och d'Solarenergie vun de ville Photovoltaikanlagen an der Gemeng Biekerech.

Trotz dem naasse Wieder war et eng flott Aweigung – e Symbol dofir, datt zu Biekerech d'Energie ëmmer a Beweegung bleift!

L'ÉOLIENNE DE BECKERICH INAUGURÉE

Le 24 septembre 2025 a marqué un moment important pour la commune de Beckerich : la nouvelle éolienne y a été officiellement inaugurée, en présence du ministre de l'Économie, Lex Delles.

Même si la météo n'était pas de la partie – pluie, vent et véritable temps d'automne – la cérémonie s'est déroulée dans une ambiance conviviale.

Paul Kauten, de l'association Energy Revolt, a présenté le concept de la Communauté énergétique de Beckerich. L'idée est que

l'électricité produite à Beckerich puisse être consommée directement sur place. Cette communauté regroupe non seulement l'énergie éolienne, mais aussi l'énergie solaire issue des nombreuses installations photovoltaïques de la commune.

Malgré la pluie, l'inauguration fut un beau moment – symbole du fait qu'à Beckerich, l'énergie est toujours en mouvement !



D'GEMENG RÉIDEN GËTT DÉI 39. FAIRTRADE GEMENG

Zënter dem 22. Oktober gehéiert d'Gemeng Réiden zu de Fairtrade-Gemengen a trëtt dem weltwäiten Netzwierk vun iwwer 2.200 Fairtrade Towns bäi.

„Fairtrade ass méi wéi e Label – et ass en Ausdrock vu Verantwortung“, sot d'Danielle Simon-Arendt, éischt Schaffin a Coordinatrice vun der lokaler Aktiounsgrupp, bei der Feier. Si huet all Bedeelegt – d'Geschäftsleit, d'Elteren, d'Schoul an d'Maison Relais – fir hiren Asaz gelueft. D'Gemeng plangt elo weider Schrëtt, wéi Fairtrade-Kotteng fir Schaffkleeder a fir d'Handdicher an de Gemengegebaier. „Wäin a Cremant bleiwe lokal, mee wou et geet, wiele mir Fairtrade“, esou d'Danielle

Simon-Arendt. De Projet gouf 2024 gestart, nodeems de Gemengerot eng Aktiounsgrupp gegrënnt hat. Inspiréiert gouf dat och duerch d'Nicole Gorza, déi mat Fairtrade Lëtzebuerg a Costa Rica bei Ananasproduzente war: „Fairtrade steet fir gerecht Aarbechtsbedéngungen – dat gesäit een op der Plaz ganz kloer.“

Als 39. Fairtrade-Gemeng vu Lëtzebuerg weist Réiden, dass ee Respekt vun de Mënscherechter mat der Ekonomie erfollegräich zesummebréngen kann.



LA COMMUNE DE REDANGE DEVIENT LA 39^e COMMUNE FAIRTRADE

Depuis le 22 octobre, la commune de Redange fait partie des communes Fairtrade et rejoint ainsi le réseau mondial de plus de 2 200 « Fairtrade Towns ».

« Fairtrade, c'est plus qu'un label – c'est une expression de responsabilité », a déclaré Danielle Simon-Arendt, première échevine et coordinatrice du groupe d'action local, lors de la cérémonie. Elle a remercié tous les participants – les commerçants, les parents, l'école et la Maison Relais – pour leur engagement. La commune prévoit désormais des

mesures concrètes, comme l'utilisation de coton Fairtrade pour les vêtements de travail et les serviettes dans les bâtiments communaux. « Le vin et le crémant resteront bien sûr locaux, mais partout où c'est possible, nous choisirons le Fairtrade », a ajouté Danielle Simon-Arendt.

Le projet a été lancé en 2024, après la création d'un groupe d'action Fairtrade par le conseil communal. L'initiative a également été inspirée par Nicole Gorza, habitante de Redange, qui a participé à un voyage d'étude au

Costa Rica avec Fairtrade Lëtzebuerg, à la rencontre de producteurs d'ananas : « Fairtrade, c'est avant tout des conditions de travail équitables – on le constate très clairement sur place. »

En devenant la 39^e commune Fairtrade du Luxembourg, Redange montre qu'il est possible de concilier le respect des droits humains et l'économie.



Commune de
Redange

Bioenergy

walux

 **RIKA®**

PREMIUM
PARTNER

Cheminées
Poêles à bois
Poêles à pellets
Ramonages

1, Arelerstrooss
L-8523 Beckerich

T +352 26 62 14 08
E info@walux.lu

Heures d'ouverture
du lundi au vendredi
de 9h-12h & 13h30-18h
samedi de 9h-12h



www.walux.lu



LE SYNDICAT KANTON RÉIDEN FÊTE SES 35 ANS : UN MODÈLE DE COOPÉRATION INTERCOMMUNALE



Le 24 octobre 2025, les représentants des neuf communes membres ont célébré 35 ans de solidarité et de coopération intercommunale, en présence de quatre ministres, de députés, de représentants de ministères, d'administrations communales, d'organisations partenaires, et de collaborateurs du Syndicat du Kanton Réiden.

Une belle occasion de revenir sur le parcours remarquable de cette structure pionnière et de se tourner résolument vers l'avenir.

Une fête-anniversaire riche et conviviale

Les célébrations du 24 octobre 2025 à l'Atert Lycée ont rassemblé de nombreux acteurs politiques, administratifs et locaux – dont les ministres Martine Hansen, Léon Gloden, Claude Meisch et Eric Thill, des députés du Nord, des bourgmestres et représentants du Syndicat, d'anciens membres, des conseillers communaux, des collaborateurs des neuf communes membres, ainsi que des partenaires et services cantonaux.

La soirée a été ouverte par les allocutions de Jeff Kohnen, directeur de l'Atert Lycée, de Thierry Lagoda, président du Syndicat, et du ministre Léon Gloden.

Jean Nehrenhausen, cofondateur et ancien membre du comité, a retracé avec humour et vivacité l'histoire du Syndicat – de son idée dans les années 1980 à sa création en 1990, jusqu'à ses premières 9 années de développement.

Pollo Bodem, doyen du bureau actuel et membre depuis 2000, a présenté les grandes étapes de son évolution jusqu'à aujourd'hui.

Quatre tables rondes, modérées par Camille Ney, originaire de Redange, ont rythmé la soirée :



© Charles Reiser

Des Pères Fondateurs

Les pères fondateurs – Mil Calmus, Albert Fisch, Jean Nehrenhausen et Marc Schmit – ont évoqué les débuts courageux du projet et le travail de conviction nécessaire pour rallier les dix communes de l'époque. Parmi eux figurait également Camille Gira, décédé en 2018. Leur vision : seule une coopération intercommunale pouvait contrer le déclin des villages ruraux. Malgré des moyens limités, ils ont fait preuve d'un esprit d'initiative et d'une énergie remarquables, posant les bases d'infrastructures solides et convainquant progressivement les autres communes de les rejoindre.

Des Ministres

La seconde table ronde a réuni des responsables politiques actuels du bureau – Myriam Binck, Thierry Lagoda, Henri Rasqué et Gérard Zoller – autour du rôle de la coopération régionale. Myriam Binck a rappelé que même une grande commune comme Rambrouch ne peut tout accomplir seule. Gérard Zoller a souligné que la coopération régionale constitue la meilleure alternative à de grandes fusions, car la politique doit rester proche des citoyens. Henri Rasqué a insisté sur l'importance d'une communication claire et transparente, essentielle pour rendre l'action politique compréhensible et accessible

à tous. Thierry Lagoda a évoqué la Vision territoriale, élaborée depuis 2022 en collaboration avec le ministère de l'Aménagement du territoire.

Des politiciens actuels

Lors de la troisième table ronde, les ministres ont échangé sur les forces et les perspectives du canton. Claude Meisch a mentionné l'idée de créer un lycée international à Redange, afin de désengorger l'Atert Lycée. Eric Thill, ministre de la Culture, a souligné le rôle du Wëlle Westen comme destination de slow tourism, riche en nature et en patrimoine, et a annoncé le projet d'une bibliothèque cantonale dans l'Ouest. Léon Gloden a salué la coopération exemplaire du canton, tandis que Martine Hansen a mis en avant le rôle du canton de Redange comme producteur alimentaire, insistant sur la valeur du métier d'agriculteur et l'importance des produits locaux.

Des étudiants de l'ALR

Enfin, trois élèves de l'Atert Lycée – Alexandra Elleinstein (4C1), Semir Honsic (1GIG) et Tim Kraus (2GCG) – ont partagé leur vision du canton. Ils ont évoqué des défis tels que le prix élevé du logement, le manque de liaisons de bus et le peu d'activités de loisirs, tout en soulignant les richesses naturelles qu'offre le Wëlle Westen.



© Charles Reiser

Après ces discussions variées, Paul Engel, vice-président du Syndicat, a prononcé le mot de clôture, remerciant l'ensemble des invités pour leurs contributions et les échanges fructueux.

La soirée s'est terminée dans une ambiance conviviale avec le partage symbolique du gâteau d'anniversaire aux côtés des ministres et de tous les présidents du Syndicat à ce jour, notamment Mil Calmes, Henri Mausem et Thierry Lagoda. Un moment festif qui a couronné avec fierté les 35 ans de coopération intercommunale au service du canton de Redange.

LES GRANDS JALONS DES DERNIÈRES 35 ANNÉES DU SYNDICAT KANTON RÉIDEN

1990



Célébration du 150^e anniversaire de la création du canton de Redange (unité administrative)



Première réunion du comité du tout nouveau Syndicat intercommunal « De Réidener Kanton »

1991



Acquisition de la zone d'activités RIESENHAFF

1993



Inauguration de la Crèche A Butzen à Reichlange

1997



La campagne « Komm Fuer Mat » marque une amélioration notable de la fréquence des transports publics dans le canton

1998



Acquisition de la zone d'activités Solupla



Construction de la nouvelle maison de soins HPPA à Redange

2001



Ouverture du Réidener Energieatelier, 1^{er} bureau de conseil en énergie au pays

2005



Pose de la 1^{re} pierre du Atert Lycée Réiden

2008



Lancement du Sport-Krees Atert, proposant des activités sportives extrascolaires pour les écoliers

2013



Lancement du Pacte Climat, en collaboration régionale

2015



Ouverture de la 2e crèche à Ell

2016



Création de l'Agence immobilière sociale HausCare



Lancement du projet Wandpark Kanton Réiden



Inauguration de la signalisation du réseau cyclable régional

2017



Construction du gîte touristique Pétche Lauer

2019



Création d'un service de développement touristique à Useldange

2021



Lancement du Pakt vum Zesummeliewen

2022



Lancement de la Vision territoriale pour le Canton de Redange



Extension du HPPA Redange



1^{er} Weekend du Wëlle Westen à Beckerich

2024



Nouvelle stratégie de communication : Magazine & Newsletter

2025



Journée de concertation de la Vision territoriale



© Charles Reiser

Ensemble vers l'avenir – 35 ans de solidarité au service d'une région entière

Le Syndicat Kanton Réiden est aujourd'hui un symbole de réussite, fondé sur la coopération, l'innovation et le développement régional durable.

Née d'une idée visionnaire, cette structure dynamique relie aujourd'hui neuf communes regroupant plus de 21 000 habitants.

Avec 52 collaborateurs répartis dans neuf services spécialisés, le Syndicat

soutient ses communes selon le principe de subsidiarité : intervenir là où les communes atteignent leurs limites.

Ses domaines d'action couvrent aujourd'hui l'environnement, l'énergie, la mobilité, mais aussi l'accueil des enfants, le sport, le tourisme, la cohésion sociale et la communication.

Thierry Lagoda, président du Syndicat et bourgmestre de Beckerich, résume cette philosophie :

« La force du canton de Redange réside dans la coopération. Depuis 35 ans, nos communes prouvent qu'ensemble, on peut aller plus loin. Le Syndicat est le lien qui unit le Wëlle Westen »

Un projet visionnaire depuis 1990

Lors de sa création, le 6 mars 1990, le Syndicat incarnait une idée nouvelle et audacieuse : permettre à des petites communes rurales de s'unir pour développer des infrastructures et services communs.

Les premiers projets furent concrets et pragmatiques : les zones industrielles de Redange et Koetschette, la crèche A Butzen à Reichlange et la Maison de soins de Redange.

Peu à peu, de nouveaux domaines de compétence sont venus s'ajouter : conseil énergétique, projets climat et mobilité, activités sportives pour enfants, Agence immobilière sociale (AIS) ainsi que le Pacte du vivre-ensemble.

Cette évolution continue a fait du Syndicat un modèle nationalement reconnu de coopération intercommunale.

Léon Gloden, ministre des Affaires intérieures :

« Le canton de Redange incarne une région rurale dynamique, où les défis ont été relevés collectivement. »



© Charles Reiser

LE SYNDICAT AU SERVICE DE MA COMMUNE



MYRIAM BINCK

Bourgmestre de la Commune de Rambrouch

« Grâce au service Environnement, 127 habitants de notre commune de Rambrouch ont bénéficié l'an dernier d'un conseil énergétique gratuit. À l'échelle du canton, ce sont 472 citoyens qui ont pu profiter d'une séance de conseil. »



POLLO BODEM

Bourgmestre de la Commune d'Useldange

« Grâce à la bonne collaboration avec le Syndicat Kanton Réiden et avec l'aide de la commune, l'Hôtel Péitche Lauer a pu voir le jour et l'office du tourisme a pu être créé près de notre château. »



PAUL ENGEL

Bourgmestre de la Commune Groussbus-Wal

« Une région durable, qui ne se limite pas à relier, mais qui ouvre également de nouvelles voies pour ses habitants : avec des pistes cyclables sûres et un transport public performant. Grâce à la collaboration avec le Service Mobilité du Kanton Réiden, notre commune bénéficie d'un interlocuteur fiable à ses côtés. »



HENRI GEREKENS

Bourgmestre de la Commune de Redange

« Le Syndicat Kanton Réiden gère la zone d'activités Solupla sur le territoire de notre commune. Actuellement, 380 personnes y sont employées, et la zone sera encore étendue dans un proche avenir. »



MARC GERGEN

Bourgmestre de la Commune du Préizerdaul

« Dans notre crèche A Butzen, nous accueillons une centaine d'enfants, dont dix originaires de la commune de Préizerdaul. Par ailleurs, 22 personnes de notre canton ont trouvé un emploi conventionné dans nos deux crèches. Au sein de notre Service Sports, 237 enfants et jeunes des neuf communes du canton ont participé, au cours de l'année écoulée, aux cours proposés. De plus, 542 ont pris part aux activités de vacances et 72 ont bénéficié d'un séjour en colonie. »



THIERRY LAGODA

Bourgmestre de la commune de Beckerich

« Depuis sa création, le Syndicat fonctionne selon le principe de subsidiarité. Cela signifie qu'il permet aux communes de réaliser ensemble des missions qu'elles ne pourraient pas accomplir seules. Sans une administration efficace et dévouée, cette collaboration intercommunale ne serait pas possible et constitue ainsi le pilier du Syndicat. »



HENRI RASQUÉ

Bourgmestre de la commune d'Eil

« Grâce à la communication du Syndicat, notamment à travers le magazine De Kanton Réiden, sa newsletter et ses réseaux sociaux, les habitants de ma commune d'Eil sont régulièrement et clairement informés de l'actualité de notre région du Wëlle Westen. »



LUC RECKEN

Bourgmestre de la commune de Vichten

« Avec le soutien du service Vivre Ensemble, nous avons mis sur pied une nouvelle commission. Celle-ci nous permet de proposer de nouvelles idées et services, tels qu'un Repair Café, des expositions de peinture d'artistes locaux, ainsi que bien d'autres projets en préparation. Grâce à cette commission, la nouvelle application de voisinage "Hoplr" a également pu être lancée, ce qui constitue une initiative très positive. »



GÉRARD ZOLLER

Bourgmestre de la commune de Saeul

« Le logement constitue, au Luxembourg, comme dans notre région, l'un des principaux problèmes pour de nombreux citoyens. Le Syndicat Kanton Réiden dispose désormais avec l'OSCARE et l'AIS de deux partenaires professionnels et compétents qui s'engagent à tout mettre en œuvre, dans les années à venir, afin que chaque citoyen puisse bénéficier d'un logement décent et abordable. »



À l'occasion du 35^e anniversaire du Syndicat Kanton Réiden, une nouvelle brochure a été publiée. La brochure peut être téléchargée en ligne ou retirée gratuitement dans chaque commune du canton de Redange.



Kanton Réiden
Administration générale
11, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 33 4-010
info@kanton-reiden
www.kanton-reiden.lu

DE BAU VUM WANDPARK ASS VOLL AM GAANGEN!

De Wandpark Kanton Réiden hëlt Form un – aktuell ginn déi fënnf Wandrieder gebaut, déi d'Regioun an Zukunft mat lokalem a grëngem Stroum versueren.

Wéi wäit sinn d'Aarbechten?

D'Entreprises hunn am Juli mam Chantier ugefaangen a konnte vun de gönschtege Wiederconditiounen an dem dréchene Buedem profitéiere fir d'Terrassementsaarbechten duerchzeféieren.

Enn Oktober ware folgend Aarbechten ofgeschloss:

- Opriichte vun de Plattformen, op deenen déi riseg Krane montéiert ginn;
- E puer Kilometer Grief, fir d'Stroumkabelen un d'CREOS-Netz unzeschleissen;
- d'Terrassementer vun de Fundamenter.

Tëscht November an Dezember ginn da véier vun de fënnf Fundamenter aus Bëton gegoss.

Wat sinn déi nächst Etappen?

Wann d'Wieder et zouléisst, fänkt am Januar 2026 déi sichtbaart Phas un: d'Liwwerung vun de Kranen, de Montage vun den Tierm an d'Installatioun vun de Gondelen a Flilleken. Dat ass och de Moment, wou een déi spektakulär Transporter vun de Flilleke wäert gesinn. Ënner normale Konditiounen solle bis virum Summer 2026 all fënnf Wandrieder komplett opgeriicht sinn. Witzegerweis ass de Wand während dëser Phas net erwënscht – fir d'Elementer sécher kënnen ze hiewen, muss et bal wandstëll sinn.

Wéini produzéiere se Stroum?

Déi éischt Tester fir d'Stroumproduktioun si fir de Summer 2026 virgesinn. Ab Hierscht/Wanter 2026 sollen d'Wandrieder mat voller Kapazitéit a Betrib goen.



Anlag 1 um Flouer « Termesschock » tëscht Rued a Rammerich
Eolienne N° 1 dans le lieu-dit Termesschock entre Roodt et Rambrouch



Anlag 2 nördlech vum Lannenerbiërg
Eolienne N° 2 au nord du Lannenerbiërg

Kompensatiounsmaosname vum Wandpark Kanton Réiden

- 14,11 ha Staffelmahd (Méien a verschiddenen Etappe fir d'Biodiversitéit ze erhéijen)
- Uleeë vun 1,8 ha Bléisträife fir d'Leierchen („Feldlerche“)
- Uplanze vun 360m Hecken
- Uleeë vun 12 Nistkäste fir de Leeëndecker („Mauersegler“)

D'Anlage gi bei folgende Situatiounen ofgeschalt:

- Fliedermäis: D'Anlage gi vum 1.04 - 31.10 nuets ausgeschalt, wann d'Wandvitess < 7 m/s & d'Temperatur > 10 °C ass. D'Moossunge starte jeeeweils 1h virum Sonnenënnergang a ginn bis 1h nom Sonnenopgang duerchgefuert.
- Milan: tëscht dem 1.03 an 15.10 dagsiwwer 5 Deeg no Feldaarbechten

Déi éischt 2 Joer gëtt op all Gondel e Mikro installéiert fir d'Fliedermaus Aktivitéiten ze moossen. No zwee Joer wees d'Soler dann nach méi genau wat fir Aarte sech op der Héicht ophalen an da gëtt d'Ofschalten ënner Ëmstänn nach méi genau ugepasst.



Wosst Dir, datt...

- ee Flillek 23,5 Tonne weit?
- am Tuerm 1.327 Tonne Beton an 164 Tonne Stol verbaut sinn?
- D'Fundamenter 2,6m déif sinn an een Duerchmiesser vun 22,5m hunn?

LA CONSTRUCTION DES 5 ÉOLIENNES EST EN COURS !

Le parc éolien du canton de Redange prend forme – les cinq éoliennes actuellement en construction fourniront à l'avenir une électricité locale et verte pour la région.

Où en sont les travaux ?

Les entreprises ont démarré le chantier en juillet, profitant d'excellentes conditions météorologiques et d'un sol sec pour réaliser le terrassement.

Fin octobre, les travaux suivants étaient achevés :

- construction des plateformes de montage pour accueillir les très grandes grues ;
- plusieurs kilomètres de tranchées pour les câbles de raccordement électrique au réseau de CREOS ;
- terrassement des fondations.

Entre novembre et décembre, quatre des cinq fondations sont coulées en béton.

Quelles sont les prochaines étapes ?

Si l'hiver le permet, les phases les plus visibles débuteront en janvier 2026 : arrivée des grues, assemblage des tours, installation des nacelles et des pales. Ce sera le moment d'assister aux impressionnants transports des pales d'éoliennes ! Sous réserve de bonnes conditions, l'assemblage complet des cinq éoliennes sera terminé avant l'été 2026. Fait paradoxal : pendant le montage, le vent est peu apprécié, car les éléments doivent être hissés en toute sécurité par temps calme.

Quand commenceront-elles à produire ?

Les premiers tests de production sont prévus pour l'été 2026. Les éoliennes devraient tourner à pleine capacité à partir de l'automne-hiver 2026.



Anlag 1: Mëtt November gouf d'Fundament aus Beton gegoss
Eolienne 1 : coulage du béton de la fondation mi-novembre



Anlag 1 : Armierung vum Fundament
Eolienne 1 : ferrailage de la fondation



Saviez-vous que...

- une pale pèse 23,5 tonnes ?
- la tour contient 1 327 tonnes de béton et 164 tonnes d'acier ?
- les fondations ont 2,6 m de profondeur et un diamètre de 22,5 m ?

Mesures compensatoires du parc éolien du canton de Redange

- 14,11 ha de fauche étagée (tonte en plusieurs étapes afin de favoriser la biodiversité)
- Aménagement de 1,8 ha de bandes fleuries pour les alouettes des champs
- Plantation de 360 m de haies
- Installation de 12 nichoirs pour martinets noirs (Apus apus)

Les éoliennes sont arrêtées dans les situations suivantes :

- Chauves-souris : Les installations sont mises à l'arrêt durant la nuit du 1.04 au 31.10 lorsque la vitesse du vent < 7 m/s et la

température > à 10 °C. Les mesures débutent 1h avant le coucher du soleil et se poursuivent jusqu'à 1h après le lever du soleil.

- Milan royal : arrêt diurne pendant 5 jours suivant les travaux agricoles, du 1er mars au 15 octobre

Durant les deux premières années, un microphone sera installé sur chaque nacelle afin de mesurer l'activité des chauves-souris. Après ces deux années, Soler saura plus précisément quelles espèces se trouvent à cette hauteur et l'arrêt des éoliennes pourra alors être adapté encore plus précisément en fonction des circonstances.



SOLER

(+352) 26 31 611
info@soler.lu



Mir bauen äert gesond Doheem aus Holz

Kompromësslos ökologesch a
sécher näischt vun der Staang.

Schlësselfäerdeg vun A bis Z.
Op Wonsch och vun A op B.

LETZBURGERMEESCHTER BETRIEB - ZËNTER 1999



Inter Toiture est une société luxembourgeoise, située à Redange-sur-Attert, que j'ai fondée en 1999. En près d'un quart de siècle, elle est devenue une adresse incontournable dans le domaine de la construction en bois et de la rénovation de toiture au Luxembourg.

Même si, à l'origine, l'activité d'Inter Toiture était principalement orientée vers la construction de charpentes et la pose de toiture, j'ai su faire évoluer mon offre et je me suis progressivement tourné vers la construction de maisons, d'annexes, l'isolation thermique ou encore la pose de fenêtres de toit.

Depuis 2013, mon fils Dominique Gérard a rejoint l'entreprise familiale afin de me seconder sur les chantiers. Selin, s'occupe de la comptabilité et s'occupe de toute la partie administrative de l'entreprise.

Nous accordons une grande importance à la formation continue de notre personnel car nos hommes sont la clé de voûte de notre réussite et ils sont les garants de notre savoir-faire.

Avec nous, la construction en bois prend tout son sens !

INTER TOITURE

BAUEN MAT HOLZ . RÉIDEN

Z.A. Solupla . Redange/Attert . Tél.: +352 26 88 00 90 . info@intertoiture.lu

Kulturmillen

Am Geesch vum der Zäit



Energiemusée
Am Geesch vum der Energie

millegalerie



KANTON RÉIDEN SPORTS

KANNER-YOGA : ENG NEI OFFER VUM SERVICE SPORTS



Zënter dësem Schouljoer bitt eise Service Sports een neie Cours un: Yoga fir Kanner tëscht 4 a 6 Joer. D'Mataarbechterin Monique Mille, déi sech am Summer zu München weidergebilt huet, erzielt am klengen Interview, wat Yoga de Kanner brénge kann.

Monique, wéi bass du op d'Iddi komm fir Kanner-Yoga unzebidden?

Ech praktizéiere scho laang Yoga a weess, wéi gutt et fir Kierper a Geescht ass. Dofir wollt ech de Kanner dës Erfahrung méi nobréngen. Et ass och eng flott Ergänzung zu eise Sportcoursen.

Wat si positiv Effekter, dee Yoga bei Kanner an deem jonken Alter kann hunn?

Yoga verbënnt Beweegung, Entspannung an Achtsamkeit – genee dat, wat vill Kanner am hektischen Alldag brauchen. D'Kanner entwéckele Gläichgewiicht, Konzentratioun a Selbstbewosstsinn – ganz ouni Leeschtungsdruck. D'Sessioun si kuerz, spilleresch a mat engem Mix aus Spaass a Rou. Déi Kleng léiere sech besser ze spieren, ze entspannen an hir Emotiounen ze verstoen. Ech weisen en och mol einfach Übung fir den Alldag.

Wat gefällt dir am beschten un der Aarbecht mat de Kanner beim Yoga?

Et gefällt mir, datt all Kand säin eegene Rhythmus huet a jidderee matmaache kann, wéi e sech wuelfillt. Et ass schéin ze gesinn, wéi d'Kanner sech op d'Geschichten aloossen an alles ronderëm vergiessen. Heiansdo entwéckele mir d'Geschicht zesummen – d'Kanner bréngen esou vill Fantasie an Iddien eran. Et ass genial, wéi kreativ d'Kanner sinn! Am Grupp léieren ech d'Kanner ganz anescht kennen an et entsteet eng schéi Vertrautheet.



Wéi ënnerscheet sech Kanner-Yoga vum Erwuessenen-Yoga?

Beim Kanner-Yoga steet virun allem de Spaass am Mëttelpunkt. D'Positiounen si wéi beim Erwuessenen-Yoga, mee si ginn op spilleresch Aart a Weis a Geschichten agebaut. D'Kanner ginn zu Déieren oder fantastesche Wiesen – fléie wéi e Päiperlek oder sti staark wéi e Bam – a léieren esou Yoga mat Fantasie, Freed an ouni Drock.

Wéi hunn d'Kanner reagéiert, wéi se déi éischte Kéier Yoga ausprobéiert hunn?

D'Kanner hu ganz gutt op déi éischt Yogastonn reagéiert. E puer hate schon e bëssen Erfahrung aus der Schoul oder vun den Elteren. No der Stonn hu si gesot, si géife sech zefridden a relaxéiert fillen – dat seet eigentlech alles.

Fir beim Cours matzemaachen, huet wgl. Kontakt mam Service Sports op.



© Kanton Réiden

YOGA POUR ENFANTS : UNE NOUVELLE ACTIVITÉ PROPOSÉE PAR LE SERVICE SPORTS

Depuis cette année scolaire, le Service Sports propose un nouveau cours : le yoga pour les enfants de 4 à 6 ans. Monique Mille, employée du service et formée cet été à Munich, nous explique les bienfaits de cette pratique.

Monique, comment t'est venue l'idée d'offrir du yoga pour enfants ?

Je pratique le yoga depuis longtemps et je sais à quel point il est bénéfique pour le corps et l'esprit. J'ai voulu transmettre cette expérience aux enfants ; c'est aussi un bel équilibre avec nos autres activités sportives.

Quels sont les effets positifs du yoga à cet âge ?

Le yoga associe mouvement, détente et attention – tout ce dont les enfants ont besoin dans un quotidien souvent agité. Il renforce équilibre, concentration et confiance en soi, sans aucune pression de performance.

Les séances sont courtes, ludiques et alternent moments actifs et calmes. Les enfants apprennent à mieux se connaître, à se détendre et à reconnaître leurs émotions, grâce aussi à de petits exercices faciles à refaire à la maison.

Qu'aimes-tu le plus dans ce travail ?

Chaque enfant avance à son rythme. J'aime voir leur imagination s'éveiller : ils vivent pleinement les histoires et les transforment parfois eux-mêmes. Leur créativité est incroyable, et une belle complicité naît dans le groupe.

En quoi le yoga pour enfants diffère-t-il de celui pour adultes ?

Le plaisir avant tout ! Les postures sont les mêmes, mais intégrées à des jeux ou à des récits. Les enfants deviennent papillons, arbres ou chats endormis – et découvrent le yoga avec joie, imagination et sans contrainte.

Comment ont-ils réagi après la première séance ?

Très bien ! Certains connaissaient déjà un peu le yoga. À la fin, ils ont dit se sentir calmes et heureux – tout est dit !

Pour participer à ce cours, veuillez contacter notre Service Sports.



Kanton Réiden
Service Sports
33, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 26 621 705
sports@kanton-reiden.lu
sportkreesatert.lu

Hey!

DU HUES TËSCHT 15 AN 30 JOER?

Da bass du um hey.snj.lu richtig!

An eise lokalen Antennen kanns du dech
iwwerall am Land vun eise Mataarbechter
beroden an ënnerstëtze loossen.



Atelieren, e Fräiwëllegendéngscht,
Stagen, ...

Hei fënns du Projeten déi dech
am aktive Liewe virubringen.

hey.snj.lu

Eng Offer vum



Service national
de la jeunesse

ATERT LYCÉE RÉIDEN

SOIRÉE DES ÉLÈVES MÉRITANTS 2025



De 17. Oktober sinn iwwer 130 Schüler:innen aus dem Atert-Lycée fir hir Verdéngschter am Schouljoer 2024/25 ausgezeecht ginn. Pro Klass krut een élève méritant, opgrond vu senge schoulesche Resultater an awer och sengem Engagement, een Diplom iwwerreecht. Weider Auszechnunge goufe fir e.a. gutt Resultater an engem Concours, besonnesch sportlech Leeschtungen oder e speziellen Asaz fir de Lycée verginn. Véier Klasse goufen integral geéiert, dorënner d'6P1 an d'6P2 (béid fir d'Participatioun un der Finall vum HipHop-Marathon), d'7C5 (Gewënner vum Concours Hello Spring) an d'5CL1 (2. Plaz beim Concours Maach Mat(h)).

Mat ronn 400 Leit war de Sall vum ALR bis op déi lescht Plaz gefëllt. Den Direkter Jeff Kohnen huet betount, datt de Lycée mat dëser Soirée den ausgezeechente Schüler wëll Merci soe fir hirt Engagement a weisen, datt Asaz a Leeschtung belount ginn. Nieft Elteren an Enseignante waren och Buergermeeschteren a Schäfte aus de Membergemengen dobäi fir de Schüler hire Respekt auszudrécken.

Och d'Primaner, déi hiren Noexame gepackt hunn, kruten hir Diplomer an dësem feierleche Kader iwwerreecht. D'Resultater kënnen sech weise loossen: 98 % vun de Primaner aus dem secondaire classique hunn hiren Noexame gepackt, 84 % aus dem secondaire général an 100 % beim Diplôme de technicien – e staarkt Zeeche fir d'Effort vum de Schüler an d'Qualitéit vum Unterrecht.



Le 17 octobre, plus de 130 élèves de l'Atert-Lycée ont été récompensés pour leurs mérites durant l'année scolaire 2024/25. Dans chaque classe, un élève méritant a reçu un diplôme pour ses résultats et son engagement exemplaires. D'autres distinctions ont honoré de bonnes performances à des concours, des succès sportifs ou un investissement particulier pour le lycée. Quatre classes ont été honorées dans leur ensemble : 6P1 et 6P2 (HipHop-Marathon), 7C5 (Hello Spring) et 5CL1 (Maach Mat(h)).

Devant près de 400 invités, le directeur Jeff Kohnen a rappelé que cette soirée est l'occasion de remercier les élèves et de montrer que l'effort et l'engagement sont récompensés. Élus, parents et enseignants étaient également présents pour leur témoigner leur estime.

Les bacheliers ayant réussi leurs examens de rattrapage ont eux aussi reçu leurs diplômes dans ce cadre solennel. Les taux de réussite sont excellents : 98 % en secondaire classique, 84 % en secondaire général et 100 % au diplôme de technicien.



Atert Lycée Réiden
1, Rue du Lycée
L-8508 Redange-sur-Attert

(+352) 26 62 32 200
secretariat@alr.lu
alr.lu



MUSIK OHNE GRENZEN

© ALR



Interkulturelles Musikprojekt für die Großregion

„Musik ohne Grenzen“ bringt Schüler:innen des Schengen-Lyzeums Perl (Deutschland) und des Atert-Lyzeums Redange (Luxemburg) zusammen – über Länder-, Sprach- und Kulturgrenzen hinweg. In gemeinsamen Workshops, Proben und einem öffentlichen Abschlusskonzert wird Musik zur verbindenden Sprache, die interkulturellen Austausch ermöglicht und ein starkes Gemeinschaftsgefühl in der Großregion fördert.

Das Interreg-Projekt schafft Begegnungsräume für Jugendliche aus ländlichen Grenzregionen, in denen kulturelle Zusammenarbeit nicht selbstverständlich ist. Durch kreatives Miteinander in Ensembles und Chören wachsen gegenseitiges Verständnis und Respekt. Gleichzeitig entsteht ein musikalisches Programm, das die kulturelle Vielfalt der Region widerspiegelt.

„Musik ohne Grenzen“ ist mehr als ein musikalisches Erlebnis: Es ist ein Impuls für nachhaltige Beziehungen, schulische Partnerschaften und zukünftige Kooperationen. Die Großregion wird als gemeinsamer Lebensraum erlebbar – vielfältig, offen und verbunden durch die Kraft der Musik. Das Projekt findet im Zeitraum September 2025 bis März 2026 statt, die Abschlusskonzerte werden voraussichtlich im Februar und März 2026 stattfinden.

MUSIQUE SANS FRONTIÈRES

Projet musical interculturel pour la Grande Région

« Musique sans frontières » réunit des élèves du Schengen-Lyzeum Perl (Allemagne) et de l'Atert-Lycée Réiden – par-delà les frontières nationales, linguistiques et culturelles. Dans le cadre d'ateliers communs, de répétitions et d'un concert public final, la musique devient un langage fédérateur qui favorise l'échange interculturel et renforce le sentiment de communauté dans la Grande Région.

Le projet Interreg crée des espaces de rencontre pour les jeunes des régions frontalières rurales, où la coopération culturelle n'est pas évidente. Grâce à une collaboration créative au sein d'ensembles et de chorales, la compréhension et le respect mutuels grandissent. Parallèlement, un programme musical reflétant la diversité culturelle de la région voit le jour.

« Musique sans frontières » est plus qu'une expérience musicale : c'est une impulsion pour des relations durables, des partenariats scolaires et des coopérations futures. La Grande Région est vécue comme un espace de vie commun – diversifié, ouvert et relié par la force de la musique. Le projet se déroulera de septembre 2025 à mars 2026, les concerts finals auront lieu en février et mars 2026.

CHRËSCHTMAART AM ATERT-LYCÉE

Den 18. Dezember invitéiert den Atert-Lycée op säin traditionelle Chrëschtmaart, ee vun den Highlights am Schouljoer. All Klass ass houfreg, fir mat hirem Stand Sue fir de gudden Zweck ze sammelen.

Vun 11:30 Auer un ass jiddereen häerzlech wëllkomm, d'Stänn mat Dekoartikelen, Kaddosiddien, Kichelcher a Spiller ze entdecken. Fir d'lessen an d'Gedrénks suerge Klassen aus dem Cycle supérieur – mat Gegrills, Fritten, Nuddelen, Eisekuchen, Panescher, Raclette an Dürum ass fir all Goût eppes dobäi.

De musikaleschen Encadrement gëtt vum Schoulpersonal a Schüler assuréiert. Traditionsgeméis komme géint 16 Auer vill fréier Schüler op e Patt laanscht, fir al Frënn an Enseignanten erëmzegesinn.



MARCHÉ DE NOËL À L'ATERT-LYCÉE

Le 18 décembre, l'Atert-Lycée organise son traditionnel marché de Noël, un moment fort de l'année scolaire. Chaque classe y tient un stand afin de collecter des fonds pour une bonne cause.

Dès 11h30, visiteurs et familles sont invités à découvrir décorations, cadeaux, biscuits et jeux. Les élèves du Cycle supérieur proposeront un large choix de mets et boissons – du grill à la raclette, en passant par les frites, pâtes ou gaufres.

L'animation musicale sera assurée par les élèves et le personnel. Comme le veut la tradition, les anciens élèves se retrouvent vers 16h pour partager un verre et évoquer de bons souvenirs.

RÉIDENER JUGENDTREFF

„HARMONIES INTÉRIÉURES“: MAT KREA D'MENTAALT WUELBEFANNE VUN EISE J

De Projet „Harmonies intérieures“ ass an de leschte Wochen zum Ofschloss komm – en artistesche Parcours, bei deem sech eis Jugendlech engem wichtege Sujet gewidmet hunn: der mentaler Gesondheet.

Iwwer e puer Méint hu si sech mat Textilgestaltung, Bitzen, Fotografie an artisteschem Ausdrock befaasst, fir ze weisen, wat si beaflosst, wat si fillen a wat si heiansdo verstoppen. Ënnerstëtzt vu Kënschtler, Educateuren a Fräiwëlleger hu si en Defilé mat Ausstellung entwéckelt – e kollektive Ruff aus dem Häerz vun enger Generatioun, déi sech besser verstoe wëll an no Gehéier sicht.

Den Defilé „Harmonies Intérieures“, eng lieweg Fresk vun Emotiounen, huet Moud, Beweegung a Bild zesummebruecht. D'Kleeder, déi vun de Jonke selwer gemaach goufen, symboliséieren hir Séilenzoustänn tëscht Kraaft a Fragilitéit, Liicht a Schied. Déi begleedend

Fotoausstellung huet sensibel a staark Portraite gewisen – all Bléck erzielt eng Geschicht vu Resilienz an Hoffnung.

D'Iddi war fir ze weisen, datt iwwer déi mental Gesondheet ze schwätzen och heescht, iwwer Schéinheet, Kreatioun an Zesummenhalt ze schwätzen.

Dëse Projet, gläichzäiteg kënschtlersch a mënschlech, huet jidderengem erméiglecht, sech auszedrécken, auszetauschen an ze entdecken, datt hannert Emotiounen dacks Schätz vu Kraaft a Kreativitéit stiechen.

De Projet „Harmonies intérieures“ ass en toute beauté ofgeschloss ginn an hannerléisst eng nohalteg Spuer: déi vun enger Jugend, déi sech behaupt, sech hannerfreet a beweist, datt d'mental Gesondheet derwäert ass, gefeiert a geschützt ze ginn.

« HARMONIES INTÉRIEURES » : QUAND LA CRÉATIVITÉ DEVIENT UN SOUFFLE POUR LA SANTÉ MENTALE DES JEUNES.

À travers tissus, photos, mots et créations artistiques, un vent d'émotion a soufflé ces dernières semaines sur la scène locale avec la clôture du projet « Harmonies Intérieures », un parcours artistique mené avec des adolescents autour d'un thème essentiel : la santé mentale.

Pendant plusieurs mois, les jeunes ont exploré la création textile, la couture, la photographie et l'expression artistique pour parler de ce qui les habite, de ce qu'ils ressentent et de ce qu'ils taisent parfois. Encadrés par des artistes, des éducateurs et des bénévoles, ils ont imaginé un défilé-

exposition comme un grand cri de cœur collectif : celui de toute une génération qui cherche à mieux se comprendre et à se faire entendre.

Le défilé « Harmonies Intérieures », véritable fresque vivante d'émotions, a mêlé mode, mouvement et image. Les tenues confectionnées par les jeunes symbolisent leurs états d'âme entre force et fragilité, lumière et ombre.

L'exposition photo qui l'accompagnait a dévoilé des portraits sensibles et puissants où chaque regard raconte une histoire de résilience et d'espoir. L'idée, c'était de montrer que parler de santé mentale, c'est aussi parler

de beauté, de création et de lien entre les jeunes.

Ce projet, à la fois artistique et humain, a permis à chacun d'oser s'exprimer, d'échanger et de découvrir que derrière les émotions se cachent souvent des trésors d'énergie et de créativité.

Le projet « Harmonies Intérieures » s'est clôturé en beauté et laissera une trace durable : celle d'une jeunesse qui s'affirme, qui se questionne et qui prouve que la santé mentale mérite d'être célébrée autant que protégée.

ATIVITÉIT JONKE BOOSTEN



© Réidener Jugendtreff



© Réidener Jugendtreff



© Réidener Jugendtreff



© Réidener Jugendtreff



© Réidener Jugendtreff



© Réidener Jugendtreff



© Réidener Jugendtreff



© Réidener Jugendtreff



Jugendtreff a.s.b.l.
13, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 23 62 06 57
martine@mjredange.lu



Kuckt
„Harmonies Intérieures“
elo.

Regardez
« Harmonies Intérieures »
maintenant.



Zënter méi wéi 13 Joer ass Youth & Work zu Réiden eng wichteg Ulafstell fir jonk Leit aus dem Kanton, déi professionell Begleedung op hirem Wee an d'Beruffsliewe sichen. D'Ekipp hëlleft hinnen, hir Stärkten ze erkennen, nei Perspektiven ze entwéckelen an déi éischt Schrëtt an d'Aarbechtswelt ze maachen.

YOUTH & WORK

YOUTH & WORK VU RÉIDEN STELLT SECH VIR

U wee riicht sech Youth & Work?

Youth & Work ass eng Organisatioun, wou Jonker tëscht 16 an 30 Joer, déi eng Orientéierung, Ausbildung, Léierplaz oder Aarbecht sichen, en Uspriechpartner fannen. Mir riichten eis u Jonker déi z.B. en Job sichen, en Diplom hunn awer keen Job fonnt hunn, d'Schoul ouni Diplom ofgebrach hunn an nei Weeër sichen, nei am Land sinn an eng Ausbildung sichen, keen Ausbildungsbetrieb fannen oder sech ëmorientéiere wëllen.

Wat ass d'Hauptzil vu Youth & Work?

Eist Zil ass et, de jonke Leit Perspektiven opzemaachen a se op hirem Wee an d'Beruffswelt individuell ze beroden an ze begleeden.

Wat kascht et?

Eise Service ass gratis fir déi Jonk.

Firwat ass dës Service bei Jonken aktuell esou wichtig?

D'Jugendaarbechtslosegkeet läit zu Lëtzebuerg bei ronn 20%. Gläichzäiteg siche vill Betriber händierend Personal. Vill jonk Leit fannen awer net déi passend Ausbildung oder Aarbechtsplaz. D'Grënn si villfältig: Mangel un Orientéierung, u praktescher Erfahrung oder un Ënnerstëtzung.

Wéi leeft Är Berodung oder Coaching of?

De Jonke bréngt seng eege Froen a Wënsch mat, mir definéieren zesummen d'Ziler an entwéckelen e konkrete Plang. Eise Coach begleet a beréit de jonke Mënsch bis d'Zil erreecht ass – an dat a sengem eegene Tempo.

Wat ass déi éischt Etapp fir déi Jonk?

Rufft eis un oder schreift eis eng Mail fir een éischt fräit Gespräch. Do schwätze mir iwwer Är Situatioun, Är Erwaardungen an déi nächst Schrëtt.

Wéi vill Jonken aus dem Kanton hutt Dir iwwer déi lescht 13 Joer gehollef?

Ronn 350 Jugendlecher hu sech aus eegener Initiativ bei eis gemellt a goufen duerch eis op hirem Wee an eng Ausbildung oder eng Aarbecht begleet.

Wéi finanzéiert Dir lech?

Mir schaffen zanter ville Jore mat de Gemengen aus dem Kanton zesummen, deenen d'Zukunft vun de jonke Leit um Häerz läit. Si wëssen, wéi wichtig et fir déi Jugendlech ass, enger sënnavoller Aktivitéit nozegoen. Si finanzéieren de Coaching.

Wat motivéiert lech bei Är deeglecher Aarbecht?

Fir d'Coache vu Youth & Work ass et eppes Besonnesches, jonk Leit op hirem Wee ze begleeden, ze gesinn, wéi si Schrëtt fir Schrëtt erausfannen, wéi se sinn a wéi se hiert eegent Liewe gestalten. All Gespräch, all kleng Entdeckung hëlleft de Jonken, méi bewosst ze liewen an dat ze maachen, wat si wierklech glécklech mécht. D'Coachen zéien hir Kraaft aus der Freed, hiert Wëssen an hier Erfahrung mat Häerzblutt weiderzeginn a gläichzäiteg selwer ëmmer nees eppes Neies vum Liewen a vun de Jonken ze léieren.



Dat ganzt Team vu Youth & Work, dat entretemps am halwe Land aktiv ass.
Toute l'équipe de Youth & Work, qui entre-temps est active dans la moitié du pays.

YOUTH & WORK REDANGE SE PRÉSENTE

Depuis plus de treize ans, Youth & Work Redange est un point de contact essentiel pour les jeunes du canton en quête d'orientation et d'un accompagnement vers la vie professionnelle. L'équipe les aide à identifier leurs forces, à développer de nouvelles perspectives et à franchir les premières étapes vers l'emploi.

À qui s'adresse Youth & Work ?

Aux jeunes de 16 à 30 ans à la recherche d'une orientation, d'une formation, d'un apprentissage ou d'un emploi. Qu'ils aient quitté l'école sans diplôme, terminé leurs études sans trouver de travail, soient nouveaux au pays ou souhaitent se réorienter, ils peuvent trouver chez nous écoute et soutien.

Quel est l'objectif principal ?

Offrir à chaque jeune des perspectives et un accompagnement personnalisé vers le monde du travail.

Combien cela coûte-t-il ?

Nos services sont entièrement gratuits pour les jeunes.

Pourquoi un tel service est-il important ?

Le chômage des jeunes au Luxembourg avoisine les 20 %, alors que de nombreuses entreprises manquent de personnel. Beaucoup de jeunes ne trouvent pas la bonne voie faute d'orientation, d'expérience pratique ou de soutien.

Comment se déroule l'accompagnement ?

Le jeune expose ses besoins, nous définissons ensemble ses objectifs et élaborons un plan d'action. Le coach le suit jusqu'à l'atteinte du but, à son propre rythme.

Comment prendre contact ?

Un simple appel ou un mail suffisent pour fixer un premier entretien gratuit, afin de faire le point sur la situation et les prochaines étapes.

Combien de jeunes habitant notre Canton avez-vous déjà accompagnés ?

En treize ans, environ 350 jeunes du canton ont été accompagnés avec succès vers une formation ou un emploi.

Comment êtes-vous financés ?

Youth & Work collabore étroitement avec les communes du canton, sensibles à l'avenir de leurs jeunes. Ce sont elles qui financent le coaching.

Qu'est-ce qui motive votre équipe ?

Accompagner un jeune dans sa découverte de lui-même et le voir construire sa propre voie est une grande satisfaction. Chaque échange, chaque progrès renforce la conviction des coachs de transmettre leur savoir et leur expérience tout en apprenant, eux aussi, de la jeunesse.





© Youth & Work

Temoignage vu Jonken *Témoignages de Jeunes*

„Ech hu mäin Aarbechtskontrakt an den Hänn! Dank dem Coaching vu Youth & Work konnt ech mäin CV a Motivatiounsbréif gezilt verbessern an hunn duerch déi perséinlech Gespréicher a Perséinlechkeetstester e kloert Bild vu menge Stäerke krut. D'Übungs-interviews hu mir vill Sécherheet ginn. Villmools Merci fir déi wäertvoll Ënnerstëtzung op mengem beruffleche Wee!“


Andrea A., 21 Joer

« Le coaching chez Youth & Work a radicalement changé ma vie. Il m'a donné la confiance nécessaire pour bien me préparer aux entretiens d'embauche. Ces nouvelles compétences m'accompagneront tout au long de ma carrière. Un grand merci à mon coach pour son soutien constant, sa patience et ses précieux conseils ! »

Rayan A., 28 ans

« Avant de contacter Youth & Work, ma situation était difficile et je me sentais dépassé. Grâce à mon coach, j'ai compris la procédure DAP, amélioré mon français et appris à avancer vers mes objectifs de manière organisée et confiante. À tous les jeunes : n'hésitez pas à demander de l'aide ! Youth & Work est là pour vous soutenir et vous rapprocher, pas à pas, de votre avenir. »

Lamin K., 25 ans



**Youth
&
Work**

Youth & Work
11, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 26 62 11 41
info@youth-and-work.lu
youth-and-work.lu



Op der Schock

Wanter Deeg

20/11 — 22/11

Adventskränz &
Wanterkollektioun
Wantermenu
lessen dobaussen



Mëttwoch, den 19.11.
ass de Buttek zou;
mir dekoréiere fir lech ëm.
Samschden, den 22.11.
hu mir bis 17 Auer op.

Op der Schock - Ateliers d'inclusion professionnelle
Redange / Attert opderschock.lu

Op der Schock

Genéisst
Samschden, den 22/11
eist regionaalt

Mëttegiessen:

Ragoût vum Wëldschwäin mat roude Molbieren, roude Kabes mat Bieren, Spätzle an hausgemaachten Dessert: 25 €

Kéisknöpfe mat Geméis an hausgemaachten Dessert 22 €

Umelle fir de Menu kënnt Dir lech bis den 17. November 2025:
E-Mail: info@ods.lu oder
Tel.: 26 62 18 81

Samschden, den 22.11. ab 11 Auer:
Fir lessen an Drénken
ass gesuergt!

Op der Schock - Ateliers d'inclusion professionnelle
34A, route de Reichlange L-8508 Redange / Attert
info@ods.lu opderschock.lu



Restaurant "am Schloss"

Am Februar 2026 mécht zu lewerleng de Restaurant „am Schloss“ seng Dieren op.

Et ass eng Plaz, wou Genoss, Qualitéit a Regionalitéit sech begéinen.

De jonke Chef Gilles SIEBENALLER a säin Team kache mat vill Léift a fräsch, saisonale Produkter aus der Géigend. D'Kaart bleift kleng, mee ännert sech reegelméisseg a bitt nei, kreativ Platen un.

Mëttes bidde mir lech e Wochemenu un, an owes kënnt Dir lech mat engem Iwwerraschungsdinner verwinne loossen.

Reegelméisseg Themenowender a kleng kulinarisch Experimenter stinn och um Plang.

Bleift um neiste Stand iwwert d'Facebooksäit, Instagram oder eis Internetsäit:
amenschloss.lu

Mir freeën eis op Äre Besuch!

2a, rue Principale - L-8715 Everlange






ERÄNNERUNGEN AUS DEM LIEWEN

DE JHÄNGY SCHAUS
ERÄNNERT SECH

De Jean Schaus, vu jidderengem Jhängy genannt, ass 1929 doheem zu Réiden op d'Welt komm. An de 50er Joren huet hien d'Reidener Bäckerei vu sengem Papp iwwerholl a bis zu senger Pensioun am November 1989 mat vill Engagement a Passioun geféiert. Haut lieft hien zesumme mat senger Fra Andrée am HPPA zu Réiden.

Här Schaus, erzielt eis e bëssen iwwert Är Kandheet!

Mäi Brudder, de Fos, war e gutt Joer méi al wéi ech. Vu klengem un, hu mir zwee Bouwe reegelméisseg an der Bäckerei matgehollef, an esou si mir zesummen am Geroch vum frësch gebakene Brout grouss ginn. Mäi Papp, den Emile Schaus, war bis zu sengem fréien Doud deen eenzige Bäcker-Pâtissier zu Réiden.



Wou hutt Dir als Kand eng Hand mat ugepaakt?

Ech sinn dacks mam Papp op de Brout-Tour gefuer. Mir hunn all Dag Brout ausgefuert, zu Réiden selwer an an all Nopeschduerf ass zweemol an der Woch frësch Brout geliwwert ginn – dat war richteg Sport! Bei all Wieder, am héije Schnéi oder op gefruere Stroossen, am Auto ouni Heizung: ëmmer erëm eraus, Brout an d'Haus droen, erëm eran a weiderfueren. Eis Clienten hunn dee Service geschätzt a mir sinn dacks vun hinne verwinnt ginn.

Wollt Dir nach ëmmer Bäcker ginn?

Jo, dat war ëmmer mäin Dram. Ech si mat deem Beruff grouss ginn a wollt ni eppes anescht maachen. Mäi Brudder hat op Wonsch vun eiser Mamm zwar och d'Meeschterprüfung als Bäcker gemaach, mee kuerz drop sot hien hir: „Hei hues Du Deng Meeschterprüfung – elo maachen ech dat, wat ech wierklech gär maachen.“ De Fos huet mat senger Fra an der Groussgaass zu Réiden e kleng Garage fir Reparaturen un Autoen a Vëloen opgemaach mat enger Tankstell, spéider kouw de Verkaf vu Fëschereiartikelen a vu Fueskleeder dobäi.

Ier Dir d'Léier bei Ärem Papp ugefaangen hutt, erlieft Dir nach als Jugendlechen de Krich zu Réiden.

Zu Réiden si mir gutt ewechkomm, et gouf näischt zerstéiert.

Mee et ware vill Jonge verstoppt an dat hu mir als Bouwen och matkrut. Et huet ee misse ganz gutt oppassen, dass ee sech net verschwat huet. An der Schoul war Franséisch streng verbueden, mee eise Schoulmeeschter, den Här Lucien Thill, huet eis ënner dem Virwand „spillen“ bei sech heem invitéiert, an huet eis heemlich Franséisch bäibruecht.

Hat de Krich een Afloss op d'Bäckerei?

Jo, 1942 hunn d'Preisen d'Autoe beschlagnaamt. Mäi Papp, dee scho fréi een Auto fir d'Broutliwwerung hat, huet sech missen eng afale loosse. De Liwwerauto stoung zwar an eisem Garage, den Zündverdeeler hat de Papp awer ausgebaut a gutt verstoppt. Domat ass den Auto nit méi gaang. Fir de Leit awer hiert Brout ze liwweren, huet mäi Papp eng grouss Këscht mat Rieder baue gelooss, déi vun eisem Schéiferhond Max gezu gouf. Dat huet gutt funktionéiert – ausser wann eng Kaz iwwer de Wee gelaf ass. Dann ass d'Gefier alt emol mat Brout a Mëtschen am Gruef gelant!

Wéi war Äre Wee bis Dir Meeschter-Bäcker gi sidd?

No der Boulette an der Stad mat Passageexamen gong et an de Militärdéngscht, dunn d'Geselleléier doheem bei mengem Papp. 1952 sinn ech op Basel gaange fir mech als Pâtissier a Confiseur weiderzebilden, an hunn duerno nach e puer Méint zu Willisau an der Schwäiz geschafft. 1955 hunn ech meng Meeschterprüfung ofgeluecht an nach e Brevet zu Bréissel gemaach. Leider ass mäi Papp 1956 fréi gestuerwen, an dunn hunn ech de Betrib eleng weidergeféiert.

Wat huet lech um Beruff vum Bäcker gefall?

D'kreativt Schaffen: Kuchen an Taarte garnéieren, Pièce-montéeën a Glacen dekoréieren – dat huet mir immens Freed gemaach. Och mam fréien Opstoën hat ech ni e Problem.

Wat hutt Dir gär an Ärer Fräizäit gemaach?

Nieft Betrib a Famill war net vill Zäit iwwreg. Als Ausgläich hunn ech haaptsächlech Musik gemaach. Ech hu bis an d'90er Trombonn an der Réidener Musik gespillt a war eng Zäit laang och President faisant fonction.

Dir hutt lech och vill éierenamtlech engagéiert...

Ech war vill Jore President vum Réidener Geschäftsverband a vun 1973 u President vun der Federatioun vun de Lëtzebuerger Bäcker, bis zu menger Pensioun. Ech war och Member vun der Examenkommissioun vun der Handwierkerkammer, President vum Réidener Timbersveräin, an aktiv a verschiddene Comitéen a Kommissiounen (z.B. Fédération des Artisans, Chambre des Métiers, Handwierker-Pensiounskeess, Krankekeess vun den Independanten).

Wat war dee schéinste Moment bis elo an Ärem Liewen?

Wéi ech meng Fra Andrée Reisen 1958 bestuet hunn. Si ass am Nopeschhaus opgewuess – a beemol ware mir zesummen! Gefeiert hu mir doheem an eiser Stuff. Fir d'Hochzäitsrees si mir op Lugano gefuer. Spéider hu mir mat der Bäcker-Federatioun fir di jeeweilig Kongresser all grouss Stied duerch ganz Europa bereest.

Wat ass Ärer Meenung no d'Geheimnis fir e laangt Liewen?

Lieft ouni Exzesser a bleift mat zwee Féiss um Buedem!

Wat war fréier besser, wat ass haut besser?

Déi techesch Entwécklung bréngt vill Guddes mat sech. Mee ech fannen, de perséinlechen, direkte Kontakt tëscht de Mënsche feelt haut dacks.

Mir soen dem „Bäcker Jhångy“ villmools Merci, dass hie sech mat eis u säi laangt Liewen erënnert huet a wënschen him a senger Fra eng agreabel Zäit am HPPA.



Dem Jhångy seng Kommuniounskuche ware richteg Konschtwierker!
Les gâteaux de communion de Jean étaient de véritables œuvres d'art !



De Jhångy (2. vu lénks) war iwwer Jorzéngten treie Member vun der Réidener Musik.

Jean (2e à partir de la gauche) fut durant des décennies un membre fidèle de l'Harmonie de Redange.



De Jhångy a voller Hingebung bei senger gréisster Leidenschaft – der Dekoratioun vu Kuchen a Pièce montées.

Jhångy, entièrement dévoué à sa plus grande passion : la décoration de gâteaux et de pièces montées.



De Jhångy mat senger Ekip vum der Réidener Bäckerei: de Ferny Klein (mat de Bréidecher) an d'Geselle René Fritsch a Frank Pauly.

Jean avec son équipe de la boulangerie de Redange : Ferny Klein (avec les petits pains) et les compagnons René Fritsch et Frank Pauly

JEAN SCHAUS SE SOUVIENT

Jean Schaus, surnommé Jhängy, est né en 1929 à Redange. Fils d'Émile Schaus, unique boulanger-pâtissier du village, il a grandi aux côtés de son frère dans l'odeur du pain frais, aidant très tôt à la boulangerie familiale et lors des tournées de livraison. Pendant la guerre, la famille dut improviser face à la menace de confiscation de la voiture par les Allemands : le pain fut distribué dans une carriole tirée par le chien de berger Max.

Passionné par ce métier, Jean s'est formé auprès de son père puis en Suisse et à Bruxelles, obtenant son diplôme de maître-boulangier en 1955. À la mort prématurée de son père en 1956, il reprit l'entreprise familiale qu'il dirigea avec dévouement

jusqu'à sa retraite en 1989. Ce qui le séduisait le plus : la créativité – que ce soit dans la pâtisserie, la glace ou les pièces montées – et le contact avec les clients.

Très engagé, il fut président de la Fédération des boulangers du Luxembourg, de l'Union commerciale de Redange et président par intérim de l'Harmonie de Redange et du Club des timbres, et actif dans diverses chambres, commissions et caisses de pension. Son loisir principal étant la musique, il a joué du trombone à l'Harmonie de Redange jusqu'aux années 1990.

Le plus beau moment de sa vie reste son mariage, en 1958, avec Andrée Reisen, sa

voisine d'enfance, avec qui il vit aujourd'hui au HPPA de Redange.

Pour lui, la clé d'une longue vie est simple : vivre sans excès et garder les pieds sur terre. S'il salue les progrès techniques de notre monde actuel, il regrette toutefois la perte de contact direct et chaleureux entre les gens, qu'il appréciait tant à l'époque.

Nous remercions chaleureusement le « boulanger Jhängy » d'avoir partagé avec nous ses souvenirs de sa longue vie et nous souhaitons à lui et à son épouse Andrée Reisen un agréable séjour au HPPA.



De Jhängy a senger Funktioun als Präsidant vun der Bäcker Federatioun am Staatsministère fir Bretzelssonndig Mëtt 80er Joeren.
Jean, dans sa fonction de président de la Fédération des boulangers, au ministère d'État pour le Bretzelssonndig au milieu des années 1980.



De Jhångy mat senger Fra, dem Andrée Reisen, am Joer 1960.
Jean et son épouse Andrée Reisen en 1960.



De Papp vum Jhångy mam improviséierte Liwwerwon 1943 während dem Krich.

Le père de Jean avec sa charrette de livraison improvisée en 1943, pendant la guerre.



De Jhångy a säin eelere Brudder Fos nieft dem Uewe vun der Familljebäckerei.
Jean et son frère aîné Fos à côté du four de la boulangerie familiale.



De Jhångy (lénks) war och Musikant an der Bulettsmusik (1951).
Jean (à gauche) a été également été membre de la fanfare de l'internat du lycée.

**Wëllt och Dir Är Liewens-
erënnerunge mat eis deelen?
Mellt lech gäre bei eis:**



Syndikat Kanton Réiden

(+352) 28 33 4 – 040
magazine@kanton-reiden.lu



**Dësen Artikel gouf zesumme
mam HPPA entwéckelt.**

D'MANUKULTURA ZU USELDENG

© Manukultura

Wéini ass d'ManuKultura gegrënnt ginn a wie stécht dohannert?

Op Initiativ vun der Gemeng Useldeng an ënnert dem Impuls vum deemolege Schäfte Gérard Anzia ass 2017 de Projet „ManuKultura“ entstanden, déi haut vum Veräin „Kultur- a Buergrënn Useldeng a.s.b.l.“ verwalt gëtt.

Wat ass d'Missioun vun der ManuKultura?

D'Missioun vun der ManuKultura ass et ee flotten an ofwiesslungsräiche Programm fir jiddereen unzibidden, sou datt zu Useldeng eppes bougéiert an d'Leit sech net ëmmer wäit mussen deplacéieren. Mir wëlle jidderengem d'Méiglechkeet ginn, och selwer ee Cours unzibidden an dofir stinn eis Säll an eise Marketing den Acteure gratis zur Verfügung.

Wéi sidd Dir opgestallt?

Eise Veräin ass eng asbl, déi vun der Gemeng Useldeng subventionéiert gëtt. Mir hunn zwou Persounen agestellt, d'Jil an d'Laura, déi jeeeweils 20h fir d'asbl schaffen. D'Laura këmmert sech haaptsächlech ëm de Programm an d'Inscriptiounen.

Wat fir Course bitt Dir un?

Mir bidden eng breetgefächert Offer fir Kanner an Erwuessener un. D'Course si souwuel kreativ wéi och kulturell, dohier och den Numm: Manu fir déi méi manuell, handwierklech a kreativ Coursen a Kultura fir alles wat kulturell Aktivitéiten ofdeckt, sou wéi Concerten, Liesungen, Theater... Am beléiftste sinn eis Keramik- a Molcoursen, esou wéi de Réckegym an den Danzcours. Déi méi kleng Kanner an hier Elteren huelen och ganz gären um „Mi Ma mach Musik-Cours“ deel.



© Manukultura



Op wat fir Erfolleger kënnst Dir zeréckkucken?

Mir si ganz houfreg, datt mir trei Acteuren hunn, déi säit Joren hir Course bei eis ubidden a mir all Joer méi Participanten an eise Course begrüessen, déi aus allen Ecke vum Land bei eis kommen.

2024 ware 5.217 Persoune bei eis a mir hate 50 verschidde Workshops am Programm. Et gesäit elo scho ganz duerno aus, datt mir eis Zuele vun 2024 dëst Joer nach wäerten iwwertreffen.

Wat sinn Är aktuell Erausforderungen a wéi plangt Dir dës unzegen?

Eis Erausforderunge sinn et genuch Säll fir eis Coursen ze hunn. Do si mir am enke Kontakt mat der Useldenger Gemeng, fir och mol op Centre-culturelen zeréckzegräifen. Et ass eis och wichteg, ëmmer nei Coursen unzebidden, mee do hu mir vill Chance, datt d'Leit op eis duerkommen a mir sou ëmmer eng nei Offer hunn. Esou konnte mir och elo nees d'Trendcourse Yoga a Pilates ubidden.

Wat sinn Är Pläng fir d'Zukunft?

An der Zukunft wëlle mir esou weiderfueren an ëmmer mei grouss ginn, mam Gedanke weiderhin eng qualitativ héichwäerteg an ofwiesslungsräich Offer unzebidden.

Wou kann ee sech iwwer Är Aktivitéiten informéieren?

Eise Programm kënnst 3x d'Joer eraus. Den nächste Programm kënnst am Januar eraus. Dir fannt all eis Coursen awer och op eiser Websäit an der Landakademie, op Facebook an Instagram.





© ManuKultura

MANUKULTURA À USELDANGE

Quand ManuKultura a-t-elle été fondée et qui en est à l'origine ?

À l'initiative de la commune d'Useldange et sous l'impulsion de l'ancien échevin Gérard Anzia, le projet ManuKultura a vu le jour en 2017. Il est aujourd'hui géré par l'association « Kultur- a Buergrënn Useldeng a.s.b.l. ».

Quelle est la mission de ManuKultura ?

La mission de ManuKultura est d'offrir un programme varié et attractif pour tous, afin de dynamiser la vie culturelle à Useldange et d'éviter aux habitants de devoir se déplacer loin pour participer à des activités.

Nous souhaitons aussi donner à chacun la possibilité de proposer son propre cours : nos salles et notre soutien en matière de communication sont mis gratuitement à disposition des intervenants.

Comment êtes-vous organisés ?

Notre association est une a.s.b.l. subventionnée par la commune d'Useldange.

Nous employons deux personnes, Jil et Laura, qui travaillent chacune à mi-temps (20 heures par semaine) pour l'association. Laura s'occupe principalement de la programmation et des inscriptions.

Quels types de cours proposez-vous et lesquels rencontrent le plus de succès ?

Nous offrons un large éventail de cours pour enfants et adultes, alliant

créativité et culture — d'où le nom ManuKultura: Manu pour les activités manuelles, artisanales et créatives, Kultura pour tout ce qui touche aux activités culturelles, comme les concerts, lectures ou pièces de théâtre.

Les cours les plus populaires sont la céramique, la peinture, la gymnastique du dos et la danse. Les plus jeunes et leurs parents apprécient particulièrement le cours « Mi Ma mach Musik ».

Quels sont vos succès de ces dernières années ?

Nous sommes fiers de compter sur des intervenants fidèles qui animent leurs cours depuis plusieurs années, et d'accueillir un nombre croissant de participants venus de tout le pays. En 2024, 5 217 personnes ont pris part à nos activités, réparties sur 50 ateliers différents. Les chiffres de cette année laissent déjà présager une nouvelle progression.

Quels sont vos défis actuels et comment comptez-vous les relever ?

Notre principal défi est de disposer de suffisamment de salles pour accueillir nos cours. Nous collaborons étroitement avec la commune d'Useldange afin de pouvoir également utiliser les Centres culturels.

Il nous tient aussi à cœur de proposer régulièrement de nouvelles activités. Heureusement, de nombreuses personnes viennent spontanément vers nous avec des idées, ce qui nous

permet d'enrichir constamment notre offre. Récemment, nous avons pu réintroduire des cours très demandés comme le yoga et le Pilates.

Quels sont vos projets pour l'avenir ?

Nous souhaitons poursuivre notre développement tout en maintenant un haut niveau de qualité et une offre toujours plus diversifiée.

Où peut-on se renseigner sur vos activités ?

Notre programme paraît trois fois par an, le prochain en janvier. Toutes nos activités sont également consultables sur notre site Internet, sur la plateforme Landakademie, ainsi que sur Facebook et Instagram.



ManuKultura
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange

(+352) 23 63 00 51 28
manukultura@useldeng.lu
manukulturauseldeng.com





WANTER-QUIZRALLYE

FIR KANNER MAT HIREN ELTEREN



Wéini?
An der Chrëschtvakanz
vum 20.12 bis
den 04.01.2026



Och dëse Chrëschttag organiséiere mir nees ee kleng Quizrallye fir Kanner mat hiren Elteren, bei deem et flott kleng Präisser ze gewanne gëtt.

Während der Chrëschtvakanz kënnen d'Kanner op der Kulturmillen zu Biekerech op d'Sich no eise Chrëschttags-Hiweiser goen. Hei goufen innerhalv vun engem Joer zwou kulturell Attraktiounen ageweit: am September 2024 den Energiemusée an am September 2025 de Camille's Gaart.

Dës Vakanz invitéiere mir iech, de ganze Site op eng spilleresch Aart a Weis zu entdecken.



version
française

Umeldung noutwendeg.
D'Participant kréien de Quiz bei der
Umeldung per E-Mail zougeschéckt.

**Fir méi Informatiounen zu
einem Wanterquiz an
Umeldung bis den 19.12:**

**tourisme@kanton-reiden.lu
T +352 28 33 410**



KANTON RÉIDEN ENVIRONNEMENT

ISOLATIOUN VUN DER FASSAD – WÉI KANN ET GELÉNGEN?

Dacks geet et an der Energieberodung ëm d'Isolatioun vun der Fassad bei engem besteeënden Haus. Eisen Energieberoder gëtt hei Ried an Äntwert op déi heefegst Froen.

Ech hunn en aalt Haus mat ganz décke Mauer. Brauch ech trotzdeem eng Isolatioun?

Jo, och bei décke Mauere vun engem Albau ass eng Isolatioun oder Dämmung sënnvoll. Sandsteen, Schifer, Zillen oder änlech Materialie leeden d'Hëtzt gutt weider, dofir kënnen souguer ganz déck Mauer nach ëmmer grouss Hëtztverloschter verursaachen. Isolatiounsmaterialien dogéint leeden nëmme ganz wéineg Hëtzt weider an halen d'Hëtzt domat am Raum.

Wéi kann ech d'Baussemauer isoléieren, a wéi eng Materialie sinn ubruecht?

Meeschtens ass eng Dämmung vu baussen, also op der Fassadesäit am efficacesten. Fir de Bestand eegne sech diffusiounsoppe Materialie wéi Holzfaserplacken oder Steewoll, well se d'Hëtzt am Haus halen a gläichzäiteg d'Fiichtegkeet erausloossen. Styropor ass dogéint net ubruecht, well deen d'Mauer versigelt a Schimmel begënschtegt kann.

Als Uewerbotz gëtt Kallek recommandéiert, deen diffusiounsoppen ass, d'Fiichtegkeet reguléiert a géint Algebildung wirkt. Ass eng Isolatioun vun der Baussesäit net méiglech, ka sech och eng Bannenisolatioun mat

diffusiounsoppene Materialie wéi Holzfaserplacken, kombinéiert mat Leem- oder Kallekbotz, als sënnvoll Alternativ ubidden.

Wéini ass eng Bannenisolatioun ubruecht?

Eng Bannenisolatioun ass eng gutt Léisung, wann eng Baussenisolatioun net méiglech ass. Se verréngert d'Hëtztverloschter a mécht d'Raim méi komfortabel.

De Risiko vu Fiichtegkeet oder Schimmel besteet nëmme dann, wann onpassend Materialien agesat ginn. Mat diffusiounsoppenen Dämmmaterialie wéi Holzfaserplacken, kombinéiert mat Leem- oder Kallekbotz, kann d'Mauer weider ootmen, d'Fiichtegkeet kann entwëschen an d'Isolatioun ass sécher an efficace.

Eng Bannenisolatioun ass manner effizient wéi eng Baussenisolatioun, well déi grouss Mass vun der Mauer nach ëmmer der Keelt ausgesat bleift an d'Isolatioun net ëmmer vollfläچهch ubruecht ka ginn, wouduerch Wärmebrécken entstinn. Zousätzlech gëtt se oft méi dënn ausgefouert, fir Kondensatioun am Material ze vermeiden.

Firwat Leem- oder Kallekbotz fir d'Bannenisolatioun a Kallekbotz fir baussen?

Leem- a Kallekbotz sinn diffusiounsoppen, loossen d'Fiichtegkeet entwëschten, verhënnere Kondensatioun a Schimmel a verbesseren d'Raumklima. Leem späichert zousätzlech Wiermt, Kallek wierkt antibakteriell. Kallekbotz bausse schützt d'Isolatioun an d'Mauer géint Reen, Fiichtegkeet an Algebefall, bleift diffusiounsoppen a laanglieweg.

Gips, Latexfaarwen oder Tapéite versigelen d'Mauer, blockéieren den Austausch vu Fiichtegkeet a kënnen Schimmelbildung begënschtigen.

Firwat keng Isolatiounsmaterialien aus fossille Quellen am Albau?

Fossil Dämmmaterialie wéi Styropor oder Polyurethan versigelen d'Mauer, verhënnere den Austausch vu Fiichtegkeet a kënnen esou Schimmel oder Bauschied verursaachen.

Méi sënnavoll: Natierlech, diffusiounsoppe Materialie wéi Holzfaser oder Steewoll, kombinéiert mat engem Botz bannen aus Leem/Kallek an engem Baussebotz aus Kallek, loossen d'Mauer ootmen, reguléieren d'Fiichtegkeet a schützen d'Bausubstanz.

Kann ech bei der Dämmung vu menger Baussemauer vu Subside profitéieren?

Jo, zu Lëtzebuerg ginn et verschidde Subsiden:

- **Klimabonus (staatlech):** Ier d'Aarbechte starten, muss en Energieberoder oder Betrib, deen duerch d'Klima-Agence zertifizéiert ass, agebonne ginn. Dës mécht d'Demande fir de Klimabonus a begleet lech während dem Projet. Dës Virgoensweis ass obligatoresch, fir de Subsid ze kréien. D'Leeschtung vum Energieberoder gëtt och matgefördert. Zousätzlech mussen sämtlech Mindestufuerderunge fir d'Dämmung erfüllt ginn, déi op MyGuichet opgelëscht sinn.



- **Gemengesubsidien:** Déi kommunal Hëllef ass un de Klimabonus gekoppelt. Se ka réischt nom Erhalt vun der staatlecher Subsidbestätegung ugefrot ginn.



- **ENOPRIMES:** Fir dës Subventioun musst Dir mat engem ENOPRIMES-zertifizéierte Betrib zesummeschaffen, deen d'Demande fir lech iwwerhëlt.



Eng éischt gratis Berodung, bei där lech déi weider Schrëtt, Konditiounen a Méiglechkeeten zur Isolatioun vun Ärem Baudeel erkläert ginn, kënn Dir beim Service Environnement vum Kanton Réiden kréien. Dës Service steet allen Awwunner:innen aus dem Kanton Réiden gratis zur Verfügung.

ISOLATION DE LA FAÇADE – COMMENT RÉUSSIR ?

Souvent, le conseil en énergie concerne l'isolation de la façade d'une maison existante. Notre conseiller en énergie répond ici aux questions les plus fréquentes.

J'ai une vieille maison avec des murs très épais. Ai-je quand même besoin d'une isolation ?

Oui, même avec des murs épais dans une maison ancienne, une isolation reste utile. Le grès, l'ardoise, la brique ou des matériaux similaires conduisent bien la

chaleur. Ainsi, même des murs très épais peuvent entraîner d'importantes pertes de chaleur. Les matériaux isolants, au contraire, conduisent très peu de chaleur et la conservent à l'intérieur.

Comment puis-je isoler les murs extérieurs et quels matériaux conviennent ?

La solution la plus efficace est généralement l'isolation par l'extérieur, c'est-à-dire côté façade. Pour le bâti ancien, on privilégie des matériaux

perspirants comme les panneaux en fibres de bois ou la laine de roche, qui conservent la chaleur à l'intérieur tout en laissant l'humidité s'échapper. Le polystyrène n'est pas recommandé, car il scelle le mur et peut favoriser l'apparition de moisissures.

Comme enduit de finition, la chaux est conseillée : elle est perspirante (perméable à la vapeur d'eau), régule l'humidité et lutte contre les algues et les mousses.

Si une isolation par l'extérieur n'est pas possible, une isolation intérieure avec des matériaux perspirants comme des panneaux en fibres de bois, combinés avec un enduit à l'argile ou à la chaux, peut constituer une alternative pertinente.

Quels sont les risques et avantages d'une isolation intérieure dans les vieilles maisons ?

L'isolation intérieure est une bonne solution quand l'isolation par l'extérieur est impossible. Elle réduit les pertes de chaleur et rend les pièces plus confortables.

Le risque d'humidité ou de moisissures n'existe que si des matériaux inadaptés sont utilisés. Avec des matériaux perspirants comme les panneaux en fibres de bois, associés à des enduits à l'argile ou à la chaux, le mur peut continuer à respirer, l'humidité s'évacue et l'isolation est sûre et efficace. Toutefois, l'isolation intérieure reste moins performante que l'isolation extérieure : la masse du mur extérieur reste exposée au froid, l'isolation n'est pas toujours posée sur toute la surface, ce qui peut créer des ponts thermiques. De plus, elle est souvent plus mince afin d'éviter les condensations dans le matériau.

Pourquoi utiliser des enduits à l'argile ou à la chaux pour l'intérieur et un enduit à la chaux pour l'extérieur ?

Les enduits à l'argile et à la chaux sont perspirants, laissent l'humidité s'échapper, empêchent la condensation et la formation de moisissures, tout en améliorant le climat intérieur. L'argile emmagasine en plus la chaleur, tandis que la chaux a un effet antibactérien.

À l'extérieur, l'enduit à la chaux protège l'isolation et le mur contre la pluie, l'humidité et les algues, tout en restant perspirant et durable.

Le plâtre, les peintures latex ou les papiers peints scellent les murs, bloquent les échanges d'humidité et peuvent favoriser les moisissures.

Puis-je bénéficier de subventions pour l'isolation de ma façade ?

Oui, il existe plusieurs aides au Luxembourg :

• **Klimabonus (État) :** Avant le début des travaux, un conseiller en énergie ou une entreprise certifiée par la Klima-Agence doivent être impliqués. Ils introduiront la demande de Klimabonus et vous accompagneront durant le projet. Cette démarche est obligatoire pour obtenir la subvention. L'intervention du conseiller est elle-même subventionnée. En outre, toutes les exigences minimales en matière d'isolation doivent être respectées.



• **Subventions communales :** L'aide communale est liée au Klimabonus. Elle ne peut être demandée qu'après l'obtention de la confirmation de la subvention étatique.



• **ENOPRIMES :** Pour cette subvention, vous devez collaborer avec une entreprise certifiée ENOPRIMES, qui introduira la demande pour vous.



Une première consultation gratuite, lors de laquelle les étapes suivantes, les conditions et les possibilités d'isolation de votre élément de construction vous seront expliquées, est proposée par le Service Environnement du canton de Redange. Ce service est gratuit et accessible à tous les habitant-e-s du canton.

Pourquoi éviter les matériaux isolants d'origine fossile dans l'ancien bâti ?

Les matériaux fossiles comme le polystyrène ou le polyuréthane scellent les murs, empêchent l'évacuation de l'humidité et peuvent provoquer des moisissures ou des dommages au bâtiment.

Il est préférable d'utiliser des matériaux naturels et perspirants comme la fibre de bois ou la laine de roche, associés à un enduit intérieur en argile ou à la chaux et à un enduit extérieur à la chaux. Ceux-ci permettent au mur de respirer, régulent l'humidité et protègent durablement la structure du bâtiment.



PacteClimat
Ma commune s'engage pour le climat

Kanton Réiden Service Environnement
Conseil en Énergie
43, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 33 44
environnement@kanton-reiden.lu



CUISINES EQUIPEES & MOBILIER SUR MESURE



Votre projet de A à Z.

Contactez-nous pour votre devis gratuit.



Un suivi sur mesure garanti : de la conception jusqu'au service après-vente.

www.redange-interieur.lu

ZAE SOLUPLA ☎ +352 691 222 016 📞 +352 28 79 72 99


info@redange-interieur.lu

Rue de Niederpallen 32^E L-8506 Redange-sur-Attert



Nos services de prélèvements dans le Canton de Redange

Venez sans rendez-vous
Notre équipe vous prend en charge
rapidement, avec un accueil attentionné.



LABORATOIRE REDANGE L'INOUI



67, Grand-Rue, L-8510 Redange



HORAIRES D'OUVERTURE

Lundi - Vendredi 6:00 - 12:00
Samedi 7:00 - 12:00



LABOMOBILE, le laboratoire d'analyses
médicales, **qui vient à vous**
Confort équivalent à celui de nos centres
de prélèvements : **pratique, complet,**
performant et autonome



Pour en savoir plus



BIONEXT


☎ (+352) 27 321

✉ info@bionext.lu

🌐 www.bionext.lu



INTERVIEW MAM KLIMASCHÄFFEN



Fir dës Editioun hu mir eis mam Raoul Schaaf, Klimaschäfte vun der Gemeng Useldeng, ënnerhalen.



Raoul, firwat bass du Klimaschäfte ginn?

Et ass mir wichteg, verantwortungsvoll mat eiser Ëmwelt an eise Ressourcen ëmzegoen. Dat huet mech och bei menger Aarbecht beim CNDS ugedriwwen, wou mir ënneranerem am Beräich Naturschutz an Naturfleeg

sou wéi an der Zirkularwirtschaft aktiv sinn. Dës Erfarungen, zesumme mat mengem perséinlechen Engagement, hu mech motivéiert, dës Erausforderung unzehuelen.

Wat sinn déi wichtegst Klimaschutz-Projeten an de leschte Joren?

De Fokus louch op der energieetescher Sanéierung vu kommunale Gebaier (al Schoul, al Gemeng, Sozialwunnengen). Dës sinn och mat engem Nahwärmenetz aus Pellets verbounne ginn. De Verbrauch vun alle Gemeindegebaier gëtt digital iwwerwaacht. An och d'Compteure vun de Privatleit sinn op intelligent Compteuren ëmgerüst ginn. All dëst erméiglecht eng séier Detektioun vu Fuitten. Eis kommunal Stroossebelichtung ass komplett op LED ëmgerëscht.

Wat steet an dëser Legislatur um Programm?

Eise gréisste Projet ass den Energiecampus Op Weidfeld: eng nei Schoul, déi sämtlech Krittere vum nohaltege Bauen erfëllt (Holzbau mat Reewaassernotzung asw.), a wou op all verfügbar Daachfläch vun der Schoul a Maison Relais eng PV-Anlag installéiert gëtt.

D'Traufier-Haus – fréier e chineesesche Restaurant – gëtt sanéiert an zu neiem Wunnraum a Clubsall fir eise Club des Jeunes ëmgebaut. Och dat alt Paschtoueschhaus gëtt sanéiert a wäert duerno Gemengebüroen hebergéieren.

Zesumme mam Sicona hu mir nei Weieren a Bongerten ugeluecht, an eis Maison Relais mécht beim Projet Natur genéissen mat. E Masterplang definéiert, wéi all kommunaal Gebai no an no energieeffizient moderniséiert soll ginn.

Wéi eng Roll spillen erneierbar Energien an der Gemeng?

D'Solarenergie steet bei eis am Mëttelpunkt. Säit Joren installéiere mir PV-Anlagen op Gemeindegebaier, ugefaang bei der Useldenger Kierch bis elo um Schoulcampus. Gläichzäitig gesi mir awer och, dass eis Awunner staark an d'Sonnenenergie investéieren. Zousätzlech produzéiert eis Waasserturbin an der Atert nach bëssi Stroum.



Den Energiecampus Weidfeld, op all Daachfläch vum Schoulkomplex befënnt sech eng PV-Anlag.

Le campus énergétique Weidfeld : sur l'ensemble des toitures du complexe scolaire se trouve une installation photovoltaïque.

Ginn et interessant Projete punkto Mobilitéit?

De Fuepark gëtt no an no op Elektromobilitéit ëmgestallt. Gläichzäiteg schafe mir nei Verbindunge fir d'Mobilitéé douce, wéi de séchere Fouss- a Véloswee vu Schandel op Useldeng. Weider Strecken a Verbindungsméiglechkeete ginn aktuell analyséiert, fir nach méi Alternativen zum Auto ze schafen.

Wéi motivéiert dir är Bierger, bei dësen Efforte matzemaachen?

Mir organiséiere Konferenzen, Biergerbedeegelungsforen an Informatiounscampagnen an notze bei eisen Aktiounen all méiglech Kommunikatiounskanäl. Eis Bierger kréie praktesch Tipps, wéi si doheem Energie spueren oder selwer produzéiere kënnen an hir Alentoure vum Haus méi nohaltig gestalte kënnen (Entsigelung, Biodiversitéit). Zousätzlech bidde mir finanziell Hëllef u fir ekologesch Moosnamen ze ënnerstëtzen.

Wat méchs du privat fir d'Klima ze schützen?

Mir hu säit iwwer 20 Joer eng PV-Anlag an eng Reewaasserzëttär doheem. Ech vermeiden onnéideg Trajeten, versiche mech mol ze Fouss oder mam Vélo vun enger op déi aner Plaz ze beweegen, kafe bewosst lokal a ginn onbenutzt Saachen zeréck an de Kreeslaf vun der Zirkularwirtschaft.

Wéi gesäit d'Gemeng Useldeng 2050 aus?

Eng resilient Gemeng, déi fréi déi richteg Decisiounen geholl huet, fir den Erausforderunge vum Klimawandel an der Ressourc knappheet gerecht ze ginn. Eng inklusiv Gemeng, an där jidder ee sech wuel fillt, kee sech ausgeschloss fillt an d'Natur fräi genéissee kann.



ENTRETIEN AVEC L'ÉCHEVIN « CLIMAT »

Pour cette édition, nous nous sommes entretenus avec Raoul Schaaf, échevin du climat de la commune d'Useldange.



Raoul, pourquoi es-tu devenu échevin du climat ?

Il est important pour moi d'agir de manière responsable envers notre environnement et nos ressources. C'est également ce qui m'a motivé dans mon travail au CNDS, où nous étions actifs entre autres dans les domaines de la protection de la nature ainsi que dans l'économie circulaire. Ces expériences, combinées à mon engagement personnel, m'ont poussé à relever ce défi.

Quels ont été les principaux projets de protection du climat ces dernières années ?

L'accent a été mis sur la rénovation énergétique des bâtiments communaux (ancienne école, ancienne maison communale, logements sociaux). Ces bâtiments ont également été reliés à un réseau de chauffage à distance alimenté par des pellets.

La consommation énergétique de tous les bâtiments communaux est suivie numériquement, et les compteurs des particuliers ont eux aussi été remplacés



D'Trauffer-Haus (eemolege chineesesche Restaurant) gëtt renovéiert fir Wunnraum, e Sall fir de Club des Jeunes a Geschäftsflächen ze schafen.

La maison Trauffer (ancien restaurant chinois) est en cours de rénovation afin de créer des logements, une salle pour le Club des Jeunes et des surfaces commerciales.

par des compteurs intelligents. Tout cela permet de détecter rapidement d'éventuelles fuites. L'éclairage public a, de son côté, été entièrement converti à la technologie LED.

Quels sont les projets prévus pour cette législature ?

Notre principal projet est le campus énergétique « Op Weidfeld » :

une nouvelle école répondant à tous les critères de la construction durable (construction en bois, récupération des eaux de pluie, etc.), sur les toitures de laquelle – ainsi que sur celles de la maison relais – seront installés des panneaux photovoltaïques. La maison Trauffer, ancien restaurant chinois, sera rénové pour créer de nouveaux logements et une salle pour le Club



D'Gemeng Useldange organiséiert Informationsowenter, fir hir Bierger fir Ëmwelt- a Ressourcenthemen ze sensibiliséieren.

La commune d'Useldange organise des soirées d'information afin de sensibiliser ses citoyens aux questions environnementales et à la gestion des ressources.



© Charles Reiser

Déi nei Grondschoul vun Useldange entsprécht sämtleche Krittäre vun der Nohaltegkeet.

La nouvelle école fondamentale d'Useldange répond à l'ensemble des critères de durabilité.

des Jeunes. L'ancienne maison curiale sera également rénovée et accueillera à l'avenir des bureaux communaux. En collaboration avec le Sicon, nous avons aménagé de nouveaux étangs et vergers, et la maison relais participe au projet Natur genéissen. Un plan directeur définit en outre comment chaque bâtiment communal sera progressivement modernisé pour devenir plus économe en énergie.

Quel rôle jouent les énergies renouvelables dans la commune ?

L'énergie solaire occupe une place centrale. Depuis plusieurs années, nous installons des panneaux photovoltaïques sur les bâtiments communaux – de l'église d'Useldange jusqu'au nouveau campus scolaire. Nous constatons également que de nombreux habitants investissent dans l'énergie solaire. De plus, notre turbine hydraulique sur l'Attert continue à produire une partie de notre électricité.

Y a-t-il des projets intéressants en matière de mobilité ?

La flotte communale est progressivement convertie à l'électromobilité. Parallèlement, nous développons de

nouvelles liaisons pour la mobilité douce, comme le chemin piéton et cyclable sécurisé reliant Schandel à Useldange. D'autres connexions sont actuellement à l'étude afin d'offrir encore davantage d'alternatives à la voiture.

Comment motivez-vous les citoyens à participer à ces efforts ?

Nous organisons des conférences, des forums participatifs et des campagnes d'information, en utilisant tous les canaux de communication possibles. Les citoyens reçoivent des conseils pratiques pour économiser ou produire de l'énergie chez eux, et pour aménager leurs alentours de manière plus durable (désimperméabilisation, biodiversité). Nous proposons également des aides financières pour soutenir les mesures écologiques.

Et toi, que fais-tu personnellement pour protéger le climat ?

Depuis plus de vingt ans, nous avons une installation photovoltaïque et une citerne d'eau de pluie à la maison. J'évite les déplacements inutiles, me déplace souvent à pied ou à vélo, achète consciemment des produits locaux et réintègre les objets inutilisés dans le cycle de l'économie circulaire.

Comment imagines-tu la commune d'Useldange en 2050 ?

Une commune résiliente qui aura pris à temps les bonnes décisions pour faire face aux défis du changement climatique et de la raréfaction des ressources. Une commune inclusive, où chacun se sent bien, où personne n'est exclu et où la nature peut être pleinement appréciée.



© PRIVAT

De Raoul huet säit iwwer 20 Joer eng PV-Anlag op sengem Daach installéiert a produzéiert säin eegene Strom. Raoul a installé une installation photovoltaïque sur son toit il y a plus de 20 ans et produit sa propre électricité.



PacteClimat
Ma commune s'engage pour le climat

Kanton Réiden
Service Environnement
Pacte Climat
43, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334-420
environnement@kanton-reiden.lu

REPAIR CAFÉ KANTON RÉIDEN

MIR STELLEN EIS REPAIRER VIR



De Carlo Philippe vun Iewerleng ass vun Ufank un als fräiwëllege Repairer mat beim Repair Café Kanton Réiden derbäi.

Carlo, firwat bass du Repairer an eisem Repair Café ginn?

Ech si Repairer ginn, well ech och doheem alles reparéieren, wat mat mengen technischer Kenntniss kompatibel ass. Vun Nohaltigkeet schwätzen heescht jo och, selwer eppes dozou bäizedroen. Ech hoffen, datt d'Leit duerch de Repair Café de Reflex kréien, d'Saache reparéieren ze loosse anplaz se einfach ze verschrotten.

An a wéi engem Atelier bass du virun allem aktiv – a wat reparéiert du am léifsten?

Als geléierte Mechaniker maachen ech virun allem Demontage/Remontage vu Maschinnen a schaffen dobäi mat engem Elektriker zesummen, well iwwer 90 % vun den Objeten elektresch oder elektronesch Maschinne sinn. Am léifsten iwwerhuelen ech Revisiounen vu KitchenAid (z. B. Schmierfett wiesselen, Zännrad ersetzen). Dat si relativ einfach Maschinnen, déi ech gutt beherrschen.

Wat mécht dir am meeschte Freed un dengem Engagement am Repair Café?

Am meeschte Freed maachen den Teamgeescht an d'Ambiance ënnert de Repairer – dat erkläert, a mengen An, och eis héich Reparaturquot. Donieft huet de Repair Café eng wichteg sozial Roll: D'Clientë bréngen nitt nëmme hir füttis Saachen, mee kënnen bei Kaffi a Kuch an de Kontakt mat anere kommen. Dat hëlleft géint Vereinsamung an enger ëmmer méi individualiséierter Gesellschaft.

Wat fir eng Erfarunge géings du gäre mat de Lieser deelen?

Ech encouragéieren d'Lieser, nitt gläich beim éischte Problem hiren Apparat ewechzegeheien, mee se an de Repair Café ze bréngen. Dacks hëlleft et och, d'Gebrauchsanweisung genee ze liesen – do fënnt een dacks schonn den Hiweis op d'Ursach vum Problem. A wann een déi Revisiounen esou mécht, wéi den Hersteller se virschreift, triede vill Problemer guer nitt op.

Mir soen dem Carlo e grouse Merci fir säin Engagement iwwer all déi Joren am Repair Café vum Kanton Réiden a si ganz frou an dankbar, ëmmer op hien zielen ze kënnen.



© Kanton Réiden



© Kanton Réiden



© Kanton Réiden



NOUS VOUS PRÉSENTONS NOS REPAIRERS

Carlo Philippe d'Everlange fait partie des bénévoles depuis la création du Repair Café du Kanton Réiden.

Carlo, pourquoi es-tu devenu Repairer dans notre Repair Café ?

Je suis devenu Repairer parce que j'ai toujours eu l'habitude de réparer moi-même, à la maison, tout ce qui est compatible avec mes compétences techniques. Pour moi, parler de durabilité n'a de sens que si l'on agit concrètement dans ce sens. Mon souhait est aussi que les visiteurs prennent le réflexe de faire réparer leurs objets au Repair Café au lieu de les jeter trop vite.

Dans quel atelier intervien-tu surtout – et qu'aimes-tu réparer en particulier ?

En tant que mécanicien de formation, je m'occupe principalement du démontage et du remontage de machines. Je travaille presque toujours en binôme avec un électricien, car plus de 90 % des objets que nous recevons sont électriques ou électroniques. Ce que j'aime particulièrement, ce sont les révisions de robots de cuisine

KitchenAid – par exemple remplacer la graisse ou changer un engrenage. Ce sont des appareils assez simples, que je maîtrise bien et pour lesquels je prends beaucoup de plaisir à travailler.

Qu'est-ce qui te plaît le plus dans ton engagement au Repair Café ?

Ce qui me fait le plus plaisir, c'est l'excellent esprit d'équipe et la bonne ambiance qui règnent entre Repairers. C'est d'ailleurs, à mon avis, l'une des raisons pour lesquelles notre taux de réparation est aussi élevé. Mais le Repair Café a aussi une dimension sociale importante : les clients ne viennent pas seulement avec leurs objets abîmés, ils prennent aussi le temps de partager un café et une part de gâteau, d'échanger avec d'autres personnes. Cela contribue à lutter contre l'isolement, dans une société qui devient de plus en plus individualiste.

Quelle expérience aimerais-tu partager avec les lecteurs ?

J'aimerais encourager chacun à ne pas jeter son appareil au premier petit problème. Il vaut mieux venir au Repair Café. Souvent, il est

aussi utile de lire attentivement le mode d'emploi : on y trouve souvent des indications précieuses sur l'origine de la panne. Et si l'on suit les recommandations du fabricant pour l'entretien régulier, beaucoup de problèmes ne se posent même pas.

Nous remercions chaleureusement Carlo pour son engagement fidèle depuis tant d'années au Repair Café du Kanton Réiden et nous sommes heureux et reconnaissants de pouvoir toujours compter sur lui.



Repair Café Kanton Réiden
11, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334-040
repaircafe@kanton-reiden.lu

REPAIR CAFE 2026

Nächst REPAIR CAFE'EN am KANTON RÉIDEN Prochains
RDVs du REPAIR CAFE du CANTON DE REDANGE

Samschdes / Samedi 31.01.2026

zu / à Saeul

14h00-17h00 – Salle des fêtes
7, route d'Arlon 7471 Saeul

Samschdes / Samedi 14.03.2026

Zu / à Ospern

14h00-17h00 – Centre Culturel
31A, rue principale 8540 Ospern

Samschdes / Samedi 13.06.2026

Zu / à Vichten

14h00-17h00 – Festsall 32, rue
principale 9190 Vichten

Samschdes / Samedi 17.10.2026

Zu / à Folschette

14h00-17h00 – Centre Culturel 40,
rue principale 8834 Folschette

Organisateurs: repaircafe.lu & kanton-reiden.lu

Ugebueden Atelieren :

Elektresch, Elektronesch, Vëloen, kleng
Bitzaarbechten, Schläifatelier fir
Messer, Informatik

Ateliers proposés :

Electrique, électronique, vélos, petits tra-
vaux de couture, affûtage de couteaux,
informatique

Jiddereen ass wëllkomm !

Gratis & ouni Umeldung!

Tout le monde est le bienvenu !

La participation est gratuite et sans
inscription.



TRINKWASSERSCHUTZ DURCH KOOPERATION



Sauberes Trinkwasser ist eine unserer wichtigsten Ressourcen – und sein Schutz beginnt weit vor dem Wasserhahn. In der Region Attert & Wintger koordiniert Thomas Bodziuch seit sechs Jahren die Maßnahmen zum Schutz des Grundwassers. Im Gespräch erklärt er, welche Herausforderungen bestehen, warum die Zusammenarbeit mit der Landwirtschaft entscheidend ist und wie innovative Anbauformen zum Erfolg beitragen.

VORSICHT IST BESSER ALS NACHSICHT

Thomas, kannst Du Dich bitte kurz vorstellen?

Nach meinem Abschluss als Ingenieur für Materialwissenschaften habe ich als Verfahreningenieur im Abwasserbereich gearbeitet. Seit 6 Jahren bin ich als Quellenschutzbeauftragter – oder Animateur - für die Trinkwasserschutzzonen der Region Attert & Wintger tätig.

Was sind deine Hauptaufgaben?

Ich definiere, begleite und bewerte Maßnahmen, die dem langfristigen Schutz des Grundwassers dienen – ganz nach dem Motto: „Vorsicht ist besser als Nachsicht!“ Ziel ist es, Belastungen frühzeitig zu vermeiden, statt sie später aufwendig korrigieren zu müssen.



HERAUSFORDERUNGEN BEIM GRUNDWASSERSCHUTZ

Wie ist die Qualität des Grundwassers in unseren Schutzzonen einzuschätzen?

Sie ist sehr unterschiedlich und hängt stark von der Flächennutzung im Einzugsgebiet einer Wasserfassung ab. In landwirtschaftlich intensiv genutzten Regionen wie dem Attert-Tal stellen vor allem erhöhte Nitratwerte und Rückstände von Pflanzenschutzmitteln die größten Belastungen dar. Wichtig ist aber: Grundwasserqualität ist nicht gleich Trinkwasserqualität – das Wasser aus dem Hahn erfüllt selbstverständlich alle gesetzlichen Standards, da es aufbereitet und regelmäßig kontrolliert wird.

KOOPERATION MIT DER LANDWIRTSCHAFT

Welche Ansätze gibt es, um die Wasserqualität zu verbessern?

Die enge Zusammenarbeit mit Landwirten ist entscheidend, um den Eintrag von Düngemitteln und Pflanzenschutzmitteln zu verringern. Daneben dürfen aber auch industrielle Aktivitäten, die Abwasserbewirtschaftung in Siedlungsgebieten und die Sensibilisierung privater Haushalte nicht vernachlässigt werden.



Blüte der durchwachsenen Silphie im Juli 2025
Floraison de la silphie perfoliée en juillet 2025

Blick auf den Bestand in der Schutzzone „Kuelemeeschter“ im Juli 2025
 Vue sur la parcelle située dans la zone de protection «Kuelemeeschter» en juillet 2025.

Wie sieht die Zusammenarbeit mit den Landwirten konkret aus?

Vor 5 Jahren haben sich die Gemeinden Bissen, Ell, Grosbous, Mertzig, Préizerdaul, Redingen, und Wintger mit den Trinkwasserverbänden DEA und SEBES zusammengeschlossen, um eine verstärkte Kooperation mit der Landwirtschaft in den Trinkwasserschutz zonen aufzubauen. Dabei streben wir Win-Win-Situationen an – Lösungen, die sowohl der Ressource Wasser und damit dem Endverbraucher wie auch der Landwirtschaft entgegenkommen.

DIE SILPHIE – EINE PFLANZE MIT ZUKUNFT

Kannst Du ein Beispiel nennen, wo diese Zusammenarbeit besonders erfolgreich war?

Ja, in der Gemeinde Redingen konnten durch die aktive Unterstützung der Landwirte rund 80 % der landwirtschaftlichen Flächen in den Trinkwasserschutzgebieten unter Kooperationsvertrag gestellt werden. Ein wichtiger Baustein war dabei das Pilotprojekt „Alternative Kulturen als Wasserschutzmaßnahmen“, bei dem die mehrjährige Pflanze „durchgewachsene Silphie“ als Ersatz für Silomais als Energiepflanze getestet wurde.

Was macht die Silphie so interessant?

Sie ist sehr umweltfreundlich: Sie kann über 10 bis 15 Jahren genutzt werden, benötigt weniger Dünger und kommt ab dem zweiten Jahr ohne Pflanzenschutzmittel aus. Zudem schützt sie den Boden vor Erosion, verbessert das Wasserhaltevermögen und bietet Bienen wertvolle Nahrung. Ihre Erträge (Trockenmasse und Gasausbeute) liegen dabei auf ähnlichem Niveau wie beim Silomais.


Wie wurde das Projekt in der Gemeinde Redingen umgesetzt?

Im Mai 2023 wurden mit der Unterstützung der Landwirtschaftskammer dort zehn Hektar Silphie in den Schutz zonen gepflanzt. Um den Ertragsverlust im ersten Jahr zu kompensieren, erfolgte eine Mischsaat mit Silomais. 2024 erfolgte die erste Ernte von reiner Silphie. Seitdem hat sich die Kultur zur großen Zufriedenheit der Landwirte entwickelt, was sich auch in den Erträgen widerspiegelt. Die Umstellung wird bis zu 75 % durch den Wasserfonds des Umweltministeriums gefördert; die restlichen Kosten übernahm die Gemeinde Redingen als Trinkwasserversorger. Das hat den Einstieg für die Betriebe deutlich erleichtert.

Was wünschst Du Dir für die Zukunft unseres Grundwassers?

Ich wünsche mir, dass die gute Zusammenarbeit zwischen Gemeinden, Landwirten, Beratungsstellen und Wasserverbänden weiter ausgebaut wird. Nachhaltiger Trinkwasserschutz funktioniert nur gemeinsam – und genau das erleben wir hier in der Region Attert & Wintger bereits sehr erfolgreich.

Entwicklung der Erträge der Silphie in der Gemeinde Redingen Evolution des rendements de la silphie dans la commune de Redange



Entwicklung der Erträge für die bepflanzten Flächen in den Schutzgebieten „Weierchen“ und „Kuelemeeschter“
Évolution des rendements des parcelles cultivées dans les zones de protection « Weierchen » et « Kuelemeeschter »

Quelle / Source: LWK

PROTECTION DE L'EAU POTABLE GRÂCE À LA COOPÉRATION

L'eau potable est l'une de nos ressources les plus précieuses – et sa protection commence bien avant le robinet. Dans la région d'Attert & Wincrange, Thomas Bodziuch coordonne depuis six ans les mesures de protection des eaux souterraines. Dans cet entretien, il explique les défis actuels, l'importance de la collaboration avec le monde agricole et le rôle que peuvent jouer de nouvelles pratiques agricoles dans la réussite de cette mission.

MIEUX VAUT PRÉVENIR QUE GUÉRIR Thomas, peux-tu te présenter brièvement ?

Après avoir obtenu mon diplôme d'ingénieur en science des matériaux, j'ai travaillé comme ingénieur en génie des procédés dans le domaine du traitement des eaux usées. Depuis six ans, j'exerce la fonction de chargé de protection des sources – ou animateur – pour les zones de protection de l'eau potable de la région Attert & Wincrange.

Quelles sont tes principales missions ?

Je définis, accompagne et évalue les mesures destinées à assurer la protection durable des nappes phréatiques, selon le principe : « Mieux vaut prévenir que guérir ! » L'objectif est d'éviter les pollutions à la source plutôt que de devoir les corriger ultérieurement au prix d'efforts et de coûts considérables.

LES DÉFIS DE LA PROTECTION DES EAUX SOUTERRAINES

Comment évaluer la qualité des nappes phréatiques dans les zones protégées ?

Elle varie fortement selon l'utilisation des sols dans le bassin d'alimentation d'un captage. Dans des régions à vocation agricole intensive, comme la vallée de l'Attert, les principales pressions proviennent de concentrations élevées en nitrates et de résidus de produits phytosanitaires.

Il faut toutefois préciser que la qualité de l'eau souterraine ne correspond pas à celle de l'eau potable : l'eau du robinet

répond bien sûr à toutes les normes légales, car elle est traitée et contrôlée régulièrement.

COOPÉRATION AVEC LE MONDE AGRICOLE

Quelles approches permettent d'améliorer la qualité de l'eau ?

La coopération étroite avec les agriculteurs est essentielle pour minimiser le lessivage d'engrais et de produits phytosanitaires. Mais il ne faut pas négliger non plus les activités industrielles, la gestion des eaux usées dans les zones habitées, ni la sensibilisation des ménages privés.

Comment cette collaboration se traduit-elle concrètement ?

Il y a cinq ans, les communes de Bissen, Ell, Grosbous, Mertzig, Préizerdaul, Redange et Wincrange se sont associées aux syndicats des eaux DEA et SEBES afin de renforcer la coopération avec le secteur agricole dans les zones de protection de l'eau potable.

Nous visons des solutions gagnant-gagnant, bénéfiques à la fois pour la ressource en eau – et donc pour le consommateur final – et pour les exploitations agricoles.

LA SILPHIE – UNE PLANTE D'AVENIR **Peux-tu citer un exemple particulièrement réussi de cette collaboration ?**

Oui, dans la commune de Redange, grâce à l'engagement actif des agriculteurs, environ 80 % des surfaces agricoles situées dans les zones de protection de l'eau potable sont désormais couvertes par des contrats de coopération.

Un élément clé de ce succès est le projet pilote « Cultures alternatives comme mesures de protection de l'eau », qui a testé la Silphie perfoliée, une plante vivace, en remplacement du maïs ensilage pour la production de biomasse.

Qu'est-ce qui rend la Silphie si intéressante ?

C'est une culture très respectueuse de l'environnement : elle peut être exploitée pendant 10 à 15 ans, nécessite moins d'engrais et ne requiert aucun traitement phytosanitaire à partir de la deuxième année. Elle protège le sol contre l'érosion, améliore sa capacité de rétention d'eau et offre aux abeilles une source de nectar précieuse.

Ses rendements – en matière sèche et en production de biogaz – sont comparables à ceux du maïs ensilage.

Comment le projet a-t-il été mis en œuvre à Redange ?

En mai 2023, avec le soutien de la Chambre d'agriculture, dix hectares de Silphie ont été plantés dans les zones de protection.

Afin de compenser la perte de rendement la première année, un semis mixte avec du maïs ensilage a été réalisé. Depuis 2024, on récolte uniquement de la Silphie – et, à la grande satisfaction des agriculteurs, la culture s'est bien établie. Ceci se reflète également dans les rendements obtenus.

La conversion est subventionnée à hauteur de 75 % par le Fonds de l'eau du ministère de l'Environnement, le reste étant pris en charge par la commune de Redange, en tant que fournisseur d'eau potable. Cela a considérablement facilité l'engagement des exploitations.

UN AVENIR COMMUN POUR UNE RESSOURCE VITALE

Que souhaites-tu pour l'avenir de nos nappes phréatiques ?

Je souhaite que la collaboration fructueuse entre communes, agriculteurs, services de conseil

et syndicats des eaux continue à se développer.

La protection durable de l'eau potable ne peut réussir qu'à travers une coopération collective – et c'est précisément ce que nous expérimentons avec succès ici, dans la région d'Attert & Wincrange.



Thomas Bodziuch
Chargé d'études | Animateur
ressources eau potable

Syndicat intercommunal
Distribution d'Eau
des Ardennes - DEA

(+352) 23 64 24 - 55
(+352) 621 551 755



SËLLER STUFF



© Sëller Stuff



© Sëller Stuff



© Sëller Stuff

Kënnst Dir Iech kuerz virstellen?

Ech sinn d'Florence Rausch, hunn als Teenie zu Sëll gewunnt, a si bis haut aktiv an der Amicale vun de Sëller Pompjeeën. Meng Léier hunn ech an der Gastronomie gemaach a war duerno a verschidde Restaurants hei an der Géigend tätig. Virun néng Joer hunn ech de Café-Restaurant Sëller Stuff iwwerholl a mech domat selbstständeg gemaach.

Wat gefält Iech un Ärem Beruff?

Ech ka mir keen anere Beruff virstellen – ech si keent fir de ganzen Dag hannert dem Computer ze setzen. Och wann d'Deeg laang sinn, maachen ech et mat Freed, an dowéinst fillt et sech net wéi Aarbecht un. Mat der Frittebud Beim Flo si mir en Team vu fënnef. Déi familiär Stëmmung mécht, datt jiddere gär op d'Aarbecht kënnt.

Wat bitt Dir un an der Sëller Stuff?

Mir hunn e Menu du Jour, mat 3 Entréeën an 3 Haaptplatten au Choix. Dëschdes bidde mir e Buffet à volonté fir 20€. Natierlech kënnen eis Gäscht och ëmmer à la Carte bestellen. Zousätzlech bedreiwe mir d'Frittebud

Beim Flo; op béide Plazen ass Take-away méiglech.

Och fir Banqueten, Hochzäiten, Geburtsdeeg, Betriebsfeieren oder Kommuniounen sidd Dir bei eis wëllkomm. Eise Sall bitt Plaz fir bis zu 45 Persounen, am Summer hu mir eng gemittelt Terrass. Am Wanter zerwéiere mir an eiser iwwerdeckter Terrasse mat Uewe gäre Flesch um Steen oder Kéisfondue.

Wat ass d'Spezialitéit vum Haus?

Kniddele mat Wäinzoossiss – mee och eis Tarte Flambée ass ganz beléift.

Organiséiert Dir Eventer?

Op mannst eemol am Mount hu mir eng Soirée, z.B. Scampis oder Moules à volonté, Afterwork, Western Owend oder Kniddelowend.

A wéi steet et mam Foodtruck?

Wéinst dem Chantier virun eiser Dier hu mir ee Foodtruck gelount. Mëttlerweile si mir domat virun allem op grouse Fester ënnerwee. Et ass awer och méiglech, de Foodtruck fir privat Feieren ze lounen (ab 50 Gäscht).



© Sëller Stuff



© Sëller Stuff



© Sëller Stuff

Pouvez-vous vous présenter en quelques mots ?

Je m'appelle Florence Rausch. J'ai vécu à Saeul pendant mon adolescence et je suis encore aujourd'hui active au sein de l'Amicale des pompiers de Saeul. J'ai fait mon apprentissage dans la gastronomie et travaillé ensuite dans différents restaurants de la région. Il y a neuf ans, j'ai repris le Café-Restaurant Sëller Stuff et me suis ainsi lancée à mon compte.

Qu'aimez-vous dans votre métier ?

Je ne pourrais pas m'imaginer faire un autre métier – je ne suis pas faite pour rester assise derrière un ordinateur toute la journée. Même si les journées sont longues, je le fais avec plaisir, et c'est pourquoi cela ne me semble pas être du travail. Avec la friterie Beim Flo, nous formons une équipe de cinq personnes. L'ambiance familiale fait que tout le monde vient travailler avec plaisir.

Quelles sont les offres de la Sëller Stuff ?

Nous proposons un menu du jour avec trois entrées et trois plats principaux au choix. Le mardi, nous organisons un buffet à volonté pour 20 €. Bien sûr, nos clients peuvent toujours commander à la carte.

Nous gérons également la friterie Beim Flo ; sur les deux sites, le take-away est possible. Nous accueillons aussi des banquets, mariages, anniversaires, fêtes d'entreprise ou communions. Notre salle peut accueillir jusqu'à 45 personnes et, en été, nous disposons d'une agréable terrasse. En hiver, nous servons sur notre terrasse couverte, équipée d'un poêle, des pierrades ou des fondues au fromage.

Quelle est la spécialité de la maison ?

Nos quenelles de farine (« Kniddelen ») avec saucisse au vin, mais aussi notre tarte flambée, très appréciée.

Organisez-vous des événements ?

Au moins une fois par mois, nous proposons une soirée à thème : scampis ou moules à volonté, afterwork, soirée western ou soirée Kniddelen.

Et le foodtruck ?

En raison des travaux devant notre porte, nous avons loué un foodtruck. Entre-temps, nous l'utilisons principalement lors de grandes fêtes. Il est toutefois aussi possible de le louer pour des événements privés (à partir de 50 invités).

Öffnungszeiten

Dönschdes-Donneschdes: 11-14 & 16-23

Freides: 11-14 & 16-1

Samschdes: 11-1



Horaires d'ouverture :

Mardi – jeudi : 11h–14h & 16h–23h

Vendredi : 11h–14h & 16h–1h

Samedi : 11h–1h



Sëller Stuff
1, route d'Arlon
L-7471 Saeul

(+352) 621 456 922

f Sëller Stuff



D'Frittebud Beim Flo
1, route d'Arlon
L-7471 Saeul

(+352) 621 456 922

f D'Frittebud Beim Flo

LES COMMERCE DU WËLLE WESTEN

OP DER SCHOCK

GENERELLES

Wat ass d'Missioun vun Op der Schock?

Eis Missioun ass et, Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung Méiglechkeeten ze bidden, fir aktiv um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen.

Wou befanne sech Är verschidde Sitten?

Eisen Haaptsite ass zu Réiden; hei sinn eis Aarbechts- a Formatiounsservicer, sou wéi och d'Administratioun an déi begleedend Servicer. Eise Service d'Activités de Jour (SAJ) an eise Fräizäitservice befanne sech zu Kéiber, eis Wunnstruktur zu Mäerzeg an d'Haus vum autonome Wunnen zu Wal.

Wat fir Servicer bitt Dir un ?

Mir bidde Servicer an 3 Haaptberäicher un:

- Schaffen & Accueil – Eis Ateliers d'Inclusion Professionnelle (fréier Ateliers protégés), de Service d'Activités du jour an de Service Formation
- Wunnen – d'Wunnstruktur 24/7 zu Mäerzeg an dat autonomt Wunne mat Begleedung zu Wal oder an enger eegener Wunneng

- Begleedung – Service Fräizäit, Service Beroden a Begleede vu Beneficiairen zu enger méiglechst grousser Autonomie a Selbstbestëmmung an de Service Ressources fir psychopédagogesch an diagnostesch Suiven

Wéi vill Mënsche mat Beanträchtegung betreit Dir am Moment?

Am Moment betreie mir iwwer 100 Persounen, dovunner 70 Salariaés handicapés an den Ateliere a 34 Persounen am Service d'Activités de Jour oder am Service Formation. Vill vun hinnen huelen och am Fräizäitservice a begleedende Servicer deel an/oder wunnen an enger vun eise Strukturen.

Wéi vill Mënsche schaffe bei Iech an engem regulären Aarbechtsverhältnis?

Aktuell schaffen 104 Persounen bei eis – a ganz ënnerschiddleche Beräicher: Verwaltung an technesche Service, Encadrement an deene verschiddene Servicer (Heelpädagogen, Sozialpädagogen, Erzieher, Infirmiëren, Aide-soignant(e)en...), Kichen, Gäertnerei, Floristik, Botz an aner Servicer.





Aus wéi engem Eck kommen Är Beneficiairen?

Eis Beneficiairë kommen aus ganz Lëtzebuerg. Persounen mat enger Beanträchtegung dierfe fräi entscheeden, op wéi enger Aarbechts- oder Betreuingsplaz si eng Demande stelle fir opgeholl ze ginn – de Mobibus-Service erméiglecht hinnen dës Mobilitéit.

ATELIEREN & AKTIVITÉITEN

Wat fir Ateliers d'Inclusion Professionnelle ginn et bei lech?

Mir hunn insgesamt 9 Ateliers:

- Kultur-Gärtnerei: mir ziichten nëmme pestizidfräi Planzen a virun allem saisonal Blummen, Stauden a Kraider an dëst an enker Zesummenaarbecht mam SICONA.
- Landschafts-Gärtnerei: eis zwee Teams këmmere sech ëm naturno Gäert a Grénganlage vu Privatleit, Betriber a Gemengen aus dem Kanton Réiden an der noer Ëmgéigend.
- Kichen: mir kache fir eis Mataarbechter, bereede Bestellungen vir fir Clienten (Bréidercher, Zaloten, Desserten) souwéi eege Produite fir eise Buttek (Zoppen, Zoossen, Pesto & Tapenade, Gebeess & Sirop, Salz- & Zockermëschungen).
- Keramik: Gaardekeramik, Deko-Artikelen a saisonal Kreatiounen – och op Bestellung.
- Käerzen: Käerzen a ville Faarwen a Formen, op Wonsch personaliséiert.
- Wäscherei: mir wäschen Dicher an Aarbechtskleedung aus eisen Ateliers a Kleeder aus eiser Wunnstruktur
- Botzen: eng Ekipp botzt eis eege Gebaier, déi aner schafft fir Gemengen a Betriber.
- Buttek a Floristik: Verkaf vun de Produiten aus eisen Ateliers, Blummebouqueten, Kränzen an Arrangementen (Hochzäit, Kommunioun, Begriefnisser, ...) souwéi Corbeillen a Chèque-Cadeauen.
- Inklusiven Tourismus a liicht Sprooch: mir kréien Opdrag vu Clientë fir Plazen a Visite méi inklusiv ze gestalten. Zesumme mat betreite Mataarbechter, forméiere mir Guiden am ganze Land a schreiwen Texter an eng méi liicht Sprooch ëm.

D'betreit Mataarbechter vun eisen Ateliers hu souwuel de Statut vum Salaré handicapé wéi och d'Orientatioun an een Atelier protégé.

Fir ween ass de Service d'Activités de Jour (SAJ) geduecht?

Den SAJ ass fir Persounen, déi eng ganzheetlech Dagesfërderung brauchen. Hei gëtt eng grouss Villfalt un Aktivitéiten ugebueden: kreativ Aarbecht, Sport, Musik, kachen a baken, Kommunikatiounsfërderung, Wäsch maachen... Esouguer een Assistenzhond hëlleft am Alldag mat. D'Beneficiairë kréien an dësem Service och Prestatiounen am Kader vun der Fleegeversécherung.



© Op der Schack

Wat bitt de Service Formation?

De Service Formation ass fir jonk Leit mat enger Beanträchtegung, déi grad vun der Schoul kommen. Iwwer dräi Joer (an der Moyenne) kënnen si hir Kompetenzen entdecken an entwéckelen a kréien esou eng ugepasst Berufsausbildung, déi si op d'Aarbecht virbereet. An deem Service ginn och Erwuessener opgehol, déi de Statut an d'Orientatioun schonn hunn, en vue vun der Evaluatioun vun hire Kompetenzen an der beruflecher Orientéierung. Si kréien hei dann och eng ugepasst Formatioun, fir (erëm) an d'Aarbecht ze kommen. D'Formatioun fënnt an enker Zesummenaarbecht mat den Ateliere statt.

WUNNSTRUKTUR & FINANZEMENT

Wéi leeft den Alldag an Ärer Wunnstruktur zu Mäerzeg of?

Zu Mäerzeg hu mir 2 Wunngruppen. Hei wunnen 22 Persounen aus eise Servicer, plus ee Vakanzebett. An der grousser Kiche gëtt zesumme gekacht a giess. Jiddereen huet seng Verantwortung am Stot. All Mount gëtt eng Bewunner-Versammlung organiséiert, an all Bewunner huet ee Bezuchsbetreier, dee si am Alldag ënnerstëtzt (Programm, Akaf, Ziler).

D'Nofro ass grouss – mir hu 26 Persounen op der Waardelëscht – dofir wëlle mir d'Kapazitéit erhéijen an nei Wunnformen entwéckelen, wat awer finanziell Ënnerstëtzung verlaangt.

Wéi finanziéiert Dir Iech an Är Projeten?

Mir hunn zwou juristesche Entitéiten: d'asbl, déi d'Wunnstruktur, de Service Formation an de Service d'Activités de Jour, sou wéi och déi begleedend Servicer ofdeckt, an d'Kooperativ, déi fir den Aarbechtsberäich zoustänneg ass. Mir hunn eng Rei Konventiounen mat de Ministère (Aarbecht, Famill, Logement) an der CNS (Assurance dépendance). De Rescht vun eiser Finanziéierung decke mir iwwer Donen an eege Recetten. Bei Ausbauprojeten a gréisser Investitiounen kréie mir zwar eng substantiell Ënnerstëtzung vum Staat, mee dës deckt net all

Käschten. Esou hu mir beispillsweis bei der Wunnstruktur zu Mäerzeg, déi 5 Milliounen Euro kascht huet, 1,5 Milliounen Euro aus eegene Mëttele bäidroen misse.

Fir den Opbau vun neie Servicer a gréissere Bauprojeten si mer op Donen ugewisen. Mir spueren zur Zäit fir den Ausbau vu Réiden, souwéi och d'Schafe vu weidere Wunnplazen.

ZUKUNFT AN ENTWÉCKLUNG

Wat sinn Är aktuell Pläng?

Mir schaffen zënter Joren intensiv un engem groussen Ausbauprojet um Site zu Réiden, well mir aus allen Néit plazen a grouss Waardelëscht hunn.

D'Zil ass, insgesamt 120 Plazen an den Ateliere unzebidden, doduerch datt mer di besteeënd Ateliere ausbauen, eng Restauratioun fir d'Ëffentlechkeet opzemaachen, e vergréisserte Kicheberäich ze bauen, an eng Conserverie. De ganze Site soll och an Zukunft mat enger Holzhackschnëtzel-Heizzentral gehëtzt ginn. Da gi Büroe geschaf fir d'Administratioun an déi begleedend Servicer, déi an de leschte Joren ëmmer méi gewuess sinn.

A wéi kënnen Gemengen an Awunner aus der Regioun Iech an Ärer Missioun ënnerstëtzen?

Jiddereen ass häerzlech wellkomm an eisem Buttek zu Réiden, deen all Dag vun 8–12 an 13–17 Auer a samschdes vun 8–12 Auer op ass (sonndes zou). Hei fannt Dir Blummen, Planzen, kulinaresch Produiten an originell Kaddosartikelen.

Fir Gemengen ass eis Traiteur-Offert interessant, a mir hunn och mat e puer Gemengen eng flott Collaboratioun mat eise Botz- a Landschaftsgärtnerservicer.

Kommt gär an op eis Fester – a mir freeën eis natierlech ëmmer iwwer all Don!

OP DER SCHOCK

Quelle est votre mission ?

Notre mission est d'offrir à des personnes présentant une déficience intellectuelle la possibilité de participer activement à la vie sociale.

Où se trouvent vos différents sites ?

Le site principal se situe à Redange, avec les services de travail, de formation, d'administration et d'accompagnement. Le Service d'Activités de Jour (SAJ) et le service de loisirs se trouvent à Kuborn, la structure d'hébergement à Mertzig et la maison de vie autonome à Wahl.

Nos services

Trois grands domaines de services :

- Travail & Accueil : ateliers d'inclusion professionnelle (anc. Ateliers protégés), SAJ et service de formation ;
- Logement : structure de logement 24/7 à Mertzig et logements autonomes accompagnés à Wahl ou en appartement privés ;
- Accompagnement : service loisirs, conseil et soutien vers plus d'autonomie, service ressources pour les suivis psycho-pédagogiques et diagnostiques.

Combien de personnes accompagnez-vous ?

Nous accompagnons plus de 100 personnes, dont 70 salariés en situation de handicap dans les ateliers et 34 au SAJ ou à la formation. Plusieurs participent aussi aux activités de loisirs ou résident dans nos structures.

Et combien de personnes compte votre équipe ?

L'équipe compte 104 collaborateurs issus de métiers variés : éducateurs, infirmiers, personnel administratif, technique, de cuisine, de jardinage, de nettoyage et de floristique etc.

D'où viennent vos bénéficiaires ?

Nos bénéficiaires viennent de tout le Luxembourg.

Les personnes en situation de handicap peuvent librement choisir le lieu de travail ou d'accueil où elles souhaitent déposer leur demande d'admission – le service Mobibus leur permet d'assurer cette mobilité.

Quels ateliers d'inclusion professionnelle proposez-vous ?

Nous disposons de neuf ateliers :

1. Horticulture : production sans pesticides de fleurs, plantes et herbes, en partenariat avec le SICONA.
2. Jardinage : aménagements naturels et entretien de jardins pour particuliers, entreprises et communes du canton de Redange.
3. Cuisine : repas pour le personnel et les bénéficiaires, commandes pour les clients (sandwichs, salades, desserts) et produits maison (soupes, sauces, pestos, confitures, sirops, sels et sucres aromatisés).
4. Céramique : créations décoratives et articles sur commande.
5. Bougies : bougies de toutes formes et couleurs, personnalisables.

6. Blanchisserie : linge des ateliers et de la structure d'hébergement.
 7. Nettoyage : entretien interne et prestations pour communes et entreprises.
 8. Boutique & fleuristerie : vente des produits maison, bouquets, couronnes, compositions, paniers et chèques-cadeaux.
 9. Tourisme inclusif & langage facile : adaptation de visites et textes en langage facile, formation de guides inclusifs.
- Les travailleurs accompagnés possèdent le statut de salarié handicapé ainsi qu'une orientation dans un atelier protégé.

À qui s'adresse le Service d'Activités de Jour (SAJ) ?

Le SAJ s'adresse aux personnes ayant besoin d'un encadrement holistique. Les activités sont variées : activités créatives, motricité, musique, soutien à la communication – même un chien d'assistance participe à la vie quotidienne.

Et votre service formation ?

Le service Formation accueille des jeunes sortant de l'école ou des adultes en réorientation. Sur environ trois ans, ils découvrent leurs compétences et suivent une formation professionnelle adaptée, en étroite collaboration avec les ateliers.





© Op der Schock



© Op der Schock



© Op der Schock

Riets, d'Directrice vun Op der Schock, d'Nicole Fisch.
A droite, la directrice de Op der Schock, Nicole Fisch.

Comment se déroule la vie quotidienne dans votre structure à Mertzig ?

À Mertzig, nos deux groupes résidentiels accueillent 22 personnes (plus un lit de vacances). La vie quotidienne repose sur la participation de chacun : cuisine commune, tâches domestiques, réunions mensuelles.

Face à une forte demande (26 personnes sur la liste d'attente), nous projetons d'élargir notre capacité, ce qui nécessite un soutien financier.

Comment se finance Op der Schock ?

L'asbl gère les services sociaux et résidentiels, tandis que la coopérative couvre le secteur du travail. Le financement provient principalement de conventions avec les ministères du Travail, de la Famille et du Logement, ainsi que de la CNS. Le reste vient de dons et de nos propres recettes.

Les grands projets exigent une participation financière : pour la structure de Mertzig (total de 5 millions €), nous avons dû apporter 1,5 million € sur fonds propres.

Quels sont vos projets actuels ?

Nous préparons un projet d'extension majeur à Redange : agrandissement des ateliers,

création d'une restauration ouverte au public, d'une conserverie et d'une cuisine plus spacieuse.

Le site sera chauffé par une centrale à copeaux de bois. Des bureaux supplémentaires accueilleront l'administration et les services d'accompagnement.

Comment nous soutenir ?

Visitez notre boutique à Redange (ouverte du lundi au vendredi 8h-12h / 13h-17h, samedi 8h-12h). Vous y trouverez fleurs, plantes, produits culinaires et cadeaux originaux.

Les communes peuvent profiter de nos services traiteur, de jardinage ou de nettoyage.

Venez à nos festivités – et chaque don est une aide précieuse !

Op der Schock asbl & s.c.
34, rue de Reichlange
L-8501 Redange-sur-Attert

(+352) 26 62 18 81
info@ods.lu
ods.lu



BEGÉIGNUNGSPLAZ „BEIM APOLLONIA“ AN DER KIERCH VUN HUESCHTERT



Eng Kierch, déi net nëmme fir reliéis Zeremonien opsteet, mee och fir kulturellt a mënschlecht Zesummeliwwen – dat ass d'Iddi hannert dem Projet „Beim Apollonia“. D'Sonja Kettmann erzielt, wéi aus der Hueschter Kierch e liewegen Treffpunkt fir Mënschen aus alle Generatiounen a Kulture ginn ass.

Kanns du dech kuerz virstellen?

Ech sinn d'Sonja Kettmann, Schäffin vun der Gemeng Rammerich, Presidentin vum Pastoralgrupp an och Presidentin vun der Gemengekommissioun fir d'interkulturellt Zesummeliwwen.

Wat bedeit „Zesummeliwwen“ fir dech?

Fir mech heescht Zesummeliwwen net nëmme sech begéinen oder gemeinsam Aktivitéite maachen, mee virun allem sech wirklech fireenen interesséieren – iwwer Generatiounen a Kulturen ewech. Et geet drëm nozefroen, wéi et anere geet, och déi, déi een net sou dacks an eise Veräiner begéint.



© Marc Pelgen

Wéi hues du de Projet ëmgesat?

Virun aacht Joer huet an der Par eng Diskussioun iwwer nei Notzunge vun eise Kierchen ugefaangen. D'Kierch zu Hueschtert gouf ausgewielt, fir e méi oppent Notzungskonzept ze testen. No parteiwwergräifende Gespréicher an engem ëffentlechen Dialog mat den Awunner ass de Projet – haaptsächlech ënnerstëtzt vun der Gemeng Rammerich a mat LEADER- an Duerfentwécklungsfongen – an d'Ëmsetzung gaangen.

Wat konnt schonn erreecht ginn?

D'Gemeng huet engem Mataarbechter d'Méiglechkeet ginn, vun der Kierch aus ze schaffen, sou datt si elo dräi Deeg an der Woch op ass. Esou ass eng Plaz fir Diskussioun a kleng Gruppen entstanden, ausserhalb vun de geplangten Eventer. „Beim Apollonia“ bitt och eng Bün fir kleng kulturell Eventer, fir déi an der klassischer Kulturzeen kaum Plaz wier. E wichtege Gest: jidderee kritt eppes ze drénken – all Mënsch soll sech wëllkomm fillen.

Wat ass deng Conclusioun?

Mat eisem Projet hu mir eng einfach zougänglech Ressource geschaf. Inklusioun ass eis wichteg; „Beim Apollonia“ soll och Plaz fir Leit bidden, déi soss keng fannen. Eng Plaz fir sech ze begéinen, Iddien auszetauschen, ze léieren, ze philosophéieren an domat Demokratie am Alldag ze erliewen, och als Géigepool zu der ëmmer méi digitaler Welt.





© Marc Plégen

LIEU DE RENCONTRE « CHEZ APOLLONIA » DANS L'ÉGLISE DE HOSTERT

Une église ouverte non seulement aux cérémonies religieuses, mais aussi à la culture et aux échanges humains : telle est l'idée du projet « Beim Apollonia ». Sonja Kettmann explique comment l'église de Hostert est devenue un lieu vivant de rencontre entre générations et cultures.

Pouvez-vous vous présenter brièvement ?

Je suis Sonja Kettmann, échevine de la commune de Rambrouch, présidente du groupe pastoral et de la commission communale pour la cohésion interculturelle.

Que signifie « vivre ensemble » pour vous ?

Vivre ensemble, ce n'est pas seulement se croiser ou organiser des activités communes, mais s'intéresser sincèrement aux autres, au-delà des générations et des cultures – surtout à celles et à ceux qu'on ne rencontre pas dans nos associations.

Comment est née l'idée de redonner vie à l'église ?

La paroisse voulait préserver l'église comme patrimoine et lieu de rencontre, même sans offices réguliers. Son espace, chargé de

symboles et de savoir-faire artisanal, témoigne de l'histoire et de l'identité de la région.

Comment avez-vous concrétisé le projet ?

Tout a commencé il y a huit ans par une réflexion sur la nouvelle utilisation des églises. Celle de Hostert a été choisie pour tester un concept plus ouvert. Après des échanges politiques et un dialogue public avec les habitants, le projet a vu le jour, soutenu principalement par la commune de Rambrouch et complété par des fonds LEADER et de développement rural.

Quels résultats voyez-vous déjà ?

Un agent communal travaille désormais partiellement sur place, ce qui permet à l'église d'être ouverte trois jours par semaine. Le lieu accueille des

discussions en petits groupes et de petits événements culturels, offrant une scène à ceux qui n'en ont pas ailleurs. Chacun y est accueilli chaleureusement – un café, un sourire, une attention.

Quelle conclusion tirez-vous ?

« Beim Apollonia » est devenu un espace simple et accessible, ouvert à toutes et à tous. L'inclusion y est essentielle : un lieu pour se rencontrer, échanger des idées, apprendre et réfléchir ensemble – un véritable laboratoire de démocratie, face à un monde de plus en plus numérique.



Gemeng
Rammerich



Sonja Kettmann
(+352) 621 24 75 02 (SMS)

Accueil de l'Administration
communale
(+352) 23 64 09 30
biergercenter@rambrouch.lu

Ouverture de l'Eglise: Mardi & Jeudi 13h-17h ;
Vendredi : 8h-12h

10 JOER LEADER AM WËLLE WESTEN

10 ANS LEADER WËLLE WESTEN

Wéi feiert een am beschten eng ganz Regioun?
Mat vill Häerz, engem Bus voll engagéierte Mënschen,
mat Geschicht am Gepäck an enger gemeinsamer
Zukunftsvisioun!

Den 11. Oktober huet de LEADER Wëlle Westen säin
10. Anniversaire gefeiert. D'Christiane Thommes-Bach,
Presidentin vum LEADER-Grupp, huet d'Gäschte am
Amphitheater zu Gréiwels empfaangen, éier et mam Bus op
eng Rees duerch d'Regioun gaangen ass.

Den éischte Stopp war zu Bilschdref am Keramikatelier,
ee vun den éischten LEADER-Projeten aus den
1990er Joren, deen nach haut Leit zesummebréngt.
D'Buergermeeschtesch vun der Gemeng Rammerich,
d'Myriam Binck huet d'Gäschte empfaangen éier de Fränz
Jacques, Präsidant vun der asbl Neimillen, de Grupp
begréisst, a mat vill Begeescherung duerch den Atelier
gefouert huet.

Duerno gong et op Biekerech bei d'Kulturmillen an de
Camille's Gaart, wou de LEADER-Grupp en Äppelbam
geplant huet als Symbol fir d'Zesummenaarbecht
am Réidener Kanton. All Buergermeeschtesch a
Buergermeeschter vun den néng Membersgemenge vum
LEADER Wëlle Westen huet e Filzapel un de Bam gehaangen
– e staarkt Zeeche fir den Zesummenhalt an d'Engagement
an der Regioun!

*Comment célébrer au mieux toute une région ?
Avec beaucoup de cœur, un bus rempli de personnes
engagées, une histoire riche et une vision commune
de l'avenir !*

*Le 11 octobre, LEADER Wëlle Westen a fêté son 10e
anniversaire. Christiane Thommes-Bach, présidente du
groupe LEADER, a accueilli les invités à l'amphithéâtre
de Grevels, avant que les invités aient été embarqués
en bus, pour un tour à travers la région.*

*Le premier arrêt était à Bilsdorf, à l'atelier de
céramique, l'un des premiers projets LEADER des
années 1990, qui est toujours un lieu de rencontre. La
bourgmestre de la commune de Rambrouch, Myriam
Binck, a accueilli les invités avant que Fränz Jacques,
président de l'asbl Neimillen, a accueilli le groupe à
l'atelier avec beaucoup d'enthousiasme.*

*Ensuite, le groupe s'est rendu à Beckerich au Camille's
Gaart près de la Kulturmillen, où le groupe LEADER a
planté un pommier comme symbole de la coopération
dans le canton de Redange. Chaque bourgmestre des
neuf communes membres de LEADER Wëlle Westen
a accroché une pomme en feutre à l'arbre – un signe
fort de cohésion et de l'engagement dans la région !*





“Wann ech un d’Zukunft denken, da gesinn ech d’Regioun wéi eise grouse Bam, dee mir de Moie geplanzt hunn: déi staark Wuerzelen aus deene villen Initiativen an Iddien aus de leschte Joren, een décke Stamm aus Engagement an Zesummenhalt, a nei Blieder a Friichten, déi wuessen aus neie Projeten a Mënschen, déi wëlle matmaachen an d’Zukunft vun der Regioun gestalten.”

Christiane Thommes-Bach,
Presidentin vum LEADER Wëlle Westen

« Quand je pense à l’avenir, je vois notre région comme le grand arbre que nous avons planté ce matin : des racines solides issues des nombreuses initiatives et idées des dernières années, un tronc robuste fait d’engagement et de solidarité, et de nouvelles feuilles et fruits qui grandissent grâce à de nouveaux projets et grâce aux personnes désireuses de s’impliquer et de façonner l’avenir de la région. »

Christiane Thommes-Bach,
Présidente de LEADER Wëlle Westen

Och ënnerwee war fir Stëmmung gesuergt: D’Buergermeeschtesch an d’Buergermeeschteren hunn Anekdoten aus zéng Joer LEADER-Geschicht gedeelt – iwwer Projeten an Erfarungen, déi hir Gemengen an d’Regioun nohaltege verännert hunn.

De feierlechen Ofschloss war zu Randschelt an der Scheier vum Musée Thillenvogtei. Nïeft dem Christiane Thommes-Bach, hunn och de Paul Engel, Buergermeeschter vun der

Gemeng Groussbus-Wal, an d’Martine Hansen, Ministesch fir Landwirtschaft, d’Roll vun LEADER als Motor fir d’Regionalentwécklung ënnerstrach.

Zesumme mat LEADER konnt am Wëlle Westen an de leschten 10 Joer vill beweegt, entwéckelt a verbonne ginn. Elo freeë mir eis op déi nächst zéng Joer voller neier Iddien a Projeten – vu Mënschen aus der Regioun, fir Mënschen an der Regioun!





L'ambiance était également au rendez-vous dans le bus : les bourgmestres ont partagé des anecdotes en rapport avec les dix années d'histoire de LEADER, évoquant des projets et des expériences qui ont durablement transformé leurs communes.

La cérémonie de clôture a eu lieu à Rindschleiden, dans la grange du musée Thillenvogtei. Outre la présidente du groupe LEADER Christiane Thommes-Bach, Paul

Engel, bourgmestre de la commune de Groussbus-Wal, et Martine Hansen, ministre de l'Agriculture, ont également souligné le rôle de LEADER en tant que moteur du développement régional.

Ensemble, LEADER a permis de faire avancer les choses, de développer et de créer de nombreuses opportunités dans l'ouest du Luxembourg au cours des dix dernières années. Nous nous réjouissons à présent à l'idée d'aborder les dix prochaines

années avec de nouvelles idées et de nouveaux projets, conçus par les habitants de la région pour les habitants de la région !



LEADER WËLLE WESTEN
43, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334-920
wellewesten@leader.lu
leader.lu/wellewesten

Dir fannt Informatiounen iwwert d'Regioun, d'Projeten an Ënnerstëtzungsméiglechkeeten op leader.lu

Vous trouverez des informations sur la région, les projets et les possibilités de soutien sur : leader.lu



Abonnéiert LEADER Lëtzebuerg och op Facebook an Instagram
Vous trouverez également des informations actuelles sur le travail de LEADER sur Facebook et Instagram.



**PEINTURE
RENE** & Design

SPOLAORE RENE

Peinture René & Design s.à r.l.

7, rue d'Ell . L-8509 Redange/Attert

T +352 23 62 00 29 . peinture-rene@pt.lu



peinture-rene.lu

CAFÉ CITOYEN ZU BIEKERECH

De Café citoyen ass ee vun de Miniprojeten, deem 2025 mat der Ënnerstëtzung vu LEADER Wëlle Westen ëmgesat gouf. De Miniprojet gouf vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliwe vum der Gemeng Biekerech eragereecht. Den 20. Mee 2025 huet an der Kulturmillen zu Biekerech de Biergercafé am Kader vun enger Zesummenaarbecht vum Atelier REGEN an dem Veräin Chez Nous – Café Citoyen Mobile stattfonnt. Méi wéi 80 Persounen – jonk a manner jonk, mat verschidde Kulturen a Liewensgeschichten – hunn dorunner deelgeholl. Et war e Moment vu Gemeinschaft a mënschlecher Wäermt, wou Léit sech begéint, zesumme gespillt a sech ausgetoscht hunn. De Biergercafé ass virun allem eng Aluedung, Verbindungen ze schafen – tëscht Generatiounen, Kulturen a Liewensweeër, also alles dat, wat eng Gemeng méi lieweg a méi mënschlech mécht.

E grouse Merci geet un d'Kommissioun vum Zesummeliwe, un de Veräin Chez Nous an un all Bierger*innen a Fräiwëlleger, déi direkt oder indirekt zum Erfolleg vun dësem schéinen Dag bäigedroen hunn. D'Manifestatioun huet gewisen, datt eng aktiv Biergerbedeelegung nei Iddien ervirbréngen an eist soziaalt Zesummeliwe nohaltig stärke kann.



Le Café citoyen fait partie des miniprojets réalisés en 2025 avec le soutien de LEADER Wëlle Westen. Le miniprojet a été déposé par la Commission du vivre ensemble interculturel de la commune de Beckerich. Le 20 mai 2025, le Café citoyen a eu lieu à la Kulturmillen de Beckerich, dans le cadre d'une collaboration entre l'Atelier REGEN et l'association Chez Nous – Café Citoyen Mobile. Plus de 80 personnes – jeunes et moins jeunes, issues de cultures et d'histoires de vie diverses – y ont participé. Ce fut un moment de convivialité et de chaleur humaine, où les gens se sont rencontrés, ont joué, échangé et simplement partagé du temps ensemble. Le Café citoyen est avant tout une invitation à créer des liens – entre générations, cultures et parcours de vie – tout ce qui rend une commune plus vivante et plus humaine.

Un grand merci à la Commission du vivre ensemble, à l'association Chez Nous ainsi qu'à tous les citoyens et bénévoles

qui ont contribué, directement ou indirectement, au succès de cette belle journée. Cette manifestation a démontré qu'une participation citoyenne active peut faire émerger de nouvelles idées et renforcer durablement le vivre-ensemble dans notre société.



Commune de Beckerich
Projet Européen REGEN

(+352) 26 669 - 605
maria.candelas@beckerich.lu



LEADER WËLLE WESTEN
43, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334-920
wellewesten@leader.lu
leader.lu/wellewesten

DIR HUTT OCH ENG IDDI FIR E MINIPROJET AN DE BERÄICHER KULTUR, NOHALTEGKEET A CIRCULAR ECONOMY ?

VOUS AVEZ UNE IDÉE DE MINIPROJET DANS LES DOMAINES DE LA CULTURE, DE LA DURABILITÉ OU DE L'ÉCONOMIE CIRCULAIRE ?

LEADER Wëlle Westen ënnerstëtzt geziilt kleng Projeten an Initiativen an der Regioun mat bis zu 4000 €. Grad dës méi kleng Projeten sinn dacks e wichtege Bäitrag a schafen nei Offeren sou wéi e Mehrwäert fir d'Gemengen an d'ganz Regioun.

Hutt Dir eng gutt Iddi fir e Projet? Dann halt lech bereet: am Januar 2026 kënnt Dir Är Ufroen nees eraschécken! Fir Froen oder Ënnerstëtzung bei der Demande hëlleft lech d'Team vu LEADER Wëlle Westen gär weider.

LEADER Wëlle Westen soutient spécifiquement de petits projets et des initiatives régionales d'un montant maximal de 4 000 €. Ces projets de plus petite envergure constituent souvent une contribution importante pour la région et créent de nouvelles offres ainsi qu'une valeur ajoutée pour les communes et l'entière de la région.

Vous avez une bonne idée de projet ? Alors, préparez-vous : à partir de janvier 2026, vous pourrez soumettre à nouveau vos demandes !

Pour toute question ou aide pour faire une demande, l'équipe de LEADER Wëlle Westen se tient à votre disposition.:



All Informatiounen ronderëm LEADER an d'Initiative an der Regioun fannt Dir op: leader.lu



Toutes les informations à propos de LEADER et les initiatives régionales sont disponibles sur : leader.lu

Abonéiert LEADER Lëtzebuerg op Facebook an Instagram!



Abonnez-vous à LEADER Luxembourg sur Facebook et Instagram !



LEADER WËLLE WESTEN
43, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334-920
wellewesten@leader.lu
leader.lu/wellewesten

LES AMIS DU PRIEURÉ D'USELDANGE: HIR MISSION AN HIERT NEIT BUCH

Wat ass d'Mission vum Ärem Veräin?

D'Mission vum eiser Asbl ass et, d'Äwunner an d'Verwaltung fir d'historescht a kulturellt Ierwe vum Uselding a sengen Nopeschdierfer ze sensibiliséieren. Mir organiséiere Versammlungen, Table-ronden, Konferenzen a Féierungen – ëmmer an engem gesellegen, passionéierten a komplett laizistesche Kader.

Wéi ass et zur Grënnung komm?

De gemeinsamen Interessi un der lokaler Geschicht an um Erhalt vum architektonesche Patrimoine huet eis 2020 dozou bruecht, d'Asbl ze grënnen. Am Ufank stoung d'Benediktinerklouschter – d'Prieuré (Priorat) – am Mëttelpunkt, well dësen archeologesch wäertvolle Site duerch e Bauprojet a Gefor war.

Wat mécht dëst Priorat esou speziell?

D'Klouschter gouf am 12. Joerhonnert duerch eng Schenkung vum de Schlasshäre gegrënnt a vu Benediktinerpatere aus der Bourgogne bewunnt. Nodeems de Brudder Péiter e Wonner vollbruecht hat, gouf d'Klouschter e Pilgeruert. D'Duerf huet dowéint vum engem gewësse Wuelstand profitéiert. Eng Skizz vu 1584 beweist déi aussergewöhnlech Dimensioun vum Gebai.

Wat sinn Är wichtegst Aktivitéiten a Projeten?

Als grouse Succès gëllt d'Beméiung ëm de Site vum Priorat: Dank dem onermiddlechen Asaz vum de Prioratsfrënn ass den Areal haut klasséiert, an eng detailléiert Analys vum den erhalene Gebailechkeete gouf vum den nationale Gremien duerchgefouert a finanziert.

Mëttlerweil si mir eng Referenz fir Chercheuren, Studenten an Institutiounen ginn. 2023 gouf am Kader vum Postdoktoratsprojet Aurora op der Uni.lu, dee vum eiser Asbl gedroen a finanziert gëtt, mat modernste wëssenschaftleche Methoden d'Bebauungsgeschicht ëm d'Useldinger Buerg erfuerscht. Esou konnt hir Geschicht bis an hir Urspréng zeréckverfollegt ginn. Aktuell ginn och geophysesch Recherchen um Schandeler Plateau an zu Viichten duerchgefouert, wou ee réimesche Vicus (Siedlung) vermutt gëtt.



NEI!
NOUVEAU !

Dat neit Buch vun den „Amis du Prieuré“.
Le nouveau livre des «Amis du Prieuré».



D'Grënnungsmembere vum Veräin am Joer 2020.
Les membres fondateurs de l'association en 2020.



Dës Maquette léisst déi imposant Ausmoosse vum Useldinger Priorat eranen.
Cette maquette du prieuré d'Useldange laisse deviner les dimensions imposantes du prieuré.



De Klouschterhaff haut.
Le prieuré aujourd'hui.

© GMS



E puer mëttelalterlech Arkade vum Priorat bloufen
am Mëttelschëff vun der Basilika erhalen.
Il reste quelques arcades médiévales dans la nef centrale de la basilique.

© GMS



De Redaktionskomitee an d'Auteurs vum nei publizéierte Buch.
*Le comité de rédaction et les auteurs du livre récemment publié lors
de sa présentation en octobre 2025.*

© Charles Reiser



D'Prioratsfrënn organiséiere Konferenzen, Table-ronden a Féierungen fir
iwwe d'Geschicht vum Duerf a sengem Patrimoine ze informéieren, hei
mat der Presidentin Stephie Reichert.

*Les Amis du Prieuré organisent des conférences, des tables rondes
et des visites guidées afin de faire connaître l'histoire du village et son
patrimoine, ici avec sa présidente Stephie Reichert.*

Wéi finanziert Dir dës Aktivitéiten?

Mat engem Joresbäitrag vun nëmmen 20 € kéinte mir dës Projeten nit eleng droen. Mir si frou iwwer d'ënnerstëtzung vun der Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte, der Fondation Loutsch-Weydert, der Aureus Ars & Scientia Asbl an dem INRA. Och d'Gemeng Uselding an d'Nopeschgemengen leeschten e wichtige Bäitrag, fir dës gemeinsame Patrimoine ze erhalen.

Dir hutt och scho virun Ärem neie Buch Publikatiounen erausbruecht?

Et ass eist Uleies, d'Geschicht vum Duerf engem breede Public nozebréngen. Nieft reegelméissegem Artikelen an der Press hu mir d'Broschüren De Séilege Péiter vun Uselding (2022) an Useldingen – Auf den Spuren seiner Vergangenheit (2024) erausbruecht. Dës lescht Broschür gouf an Zesummenaarbecht mat de Kultur- a Buergrënn zesummegeallt.

Wéi ass et zu Ärem neie Buch „Hexejuegd“ komm?

An der Useldinger Duerfgeschicht stécht d'Joer 1624 besonnesch ervir duerch den Hexeprozess géint d'Katrín Theis, eng traureg, awer héich interessant Säit vun der Useldinger Geschicht. Dës Gerichtsaffär gouf scho virun e puer Joer vum Jemp Schuster als Héierspill geschriwwen, an am Oktober 2024 hu mir, genoe 400 Joer nom Prozess, eng Theateradaptatioun mat grousem Erfolleg op d'Bün bruecht. Dat war den Ausléiser fir d'Buch.

Wat mécht dës Geschicht esou interessant?

De komplette Gerichtsrapport vun deemools ass erhale bliwwen – eng Raritéit. Doraus ergi sech wäertvoll Ablécker an de juristeschen, politeschen a soziale Kontext vum 17. Joerhonnert, souwéi an d'Liewen an d'Duerfstruktur vun där Zäit.

Wat wëllt Dir de Lieser vermëttelen?

D'Buch wëll net nëmmen d'Fakten dokumentéieren, mee och e Gefill fir d'Zäit vermëttelen – d'Ängschten, de Glawen, d'Muechtverhältnissen. Et soll weisen, wéi esou eng Hexeverfolgung entstoe konnt a wat mir haut doraus kënne léieren.

Wou kritt een d'Buch ze kafen?

D'Buch 1624 Hexejuegd zu Uselding – De Prozess vun der Katrín Theis ass am Oktober 2025 erauskomm. Et ëmfaasst 230 Säiten, enthält vill Fotoen an Illustratiounen. D'Oplo ass limitéiert op 250 Exemplaren, de Präis läit bei 58 €. D'Detailer fir et ze bestelle fannt Dir an der Kontaktkëscht.

Wéi kann een de Veräin ënnerstëtzen?

All Interesséierten ass wëllkomm, Member ze ginn (20 € d'Joer) oder de Veräin finanziell a logisteschesch ze ënnerstëtzen.



D'Ekipp vum Theaterstéck iwwer den Hexeprozeß géint d'Katrin Theis (2024).
L'équipe de la pièce de théâtre sur le procès en sorcellerie intenté contre Katrin Theis (2024).

© Josée A. Zia

LES AMIS DU PRIEURÉ D'USELDANGE : LEUR MISSION ET LEUR NOUVELLE PUBLICATION

Quelle est la mission de votre association ?

Notre mission est de sensibiliser les habitants et les autorités au patrimoine historique et culturel d'Useldange et de ses villages satellites. Nous organisons régulièrement des réunions, tables rondes, conférences et visites guidées, toujours dans un esprit convivial, laïque et passionné.

Comment est née l'association ?

Le goût commun pour l'histoire locale et la volonté de préserver le patrimoine architectural nous ont conduits à fonder l'asbl en 2020. Au départ, notre attention s'est portée sur l'ancien prieuré bénédictin, un site archéologique menacé par un projet de construction.

Qu'a de particulier ce prieuré ?

Fondé au XII^e siècle grâce à une donation des seigneurs locaux, il fut occupé par des moines bénédictins venus de Bourgogne. Après un miracle accompli par le frère Pierre, le lieu devint un centre de pèlerinage qui apporta prospérité au village. Un dessin de 1584 témoigne encore de l'ampleur remarquable des bâtiments.

Quelles sont vos principales réalisations ?

La sauvegarde du site du prieuré constitue un grand succès : grâce à l'engagement des membres de l'asbl, le site est aujourd'hui classé, et une étude approfondie des vestiges a été effectuée et financée par les instances nationales. L'association est désormais une référence pour chercheurs et étudiants. En 2023, dans le cadre du projet

postdoctoral Aurora de l'Université du Luxembourg, porté et financé par notre asbl, l'histoire du château d'Useldange a été reconstituée à l'aide de méthodes scientifiques innovantes. D'autres recherches sont en cours sur le plateau de Schandel et à Vichten, où l'on soupçonne l'existence d'un vicus romain.

Comment financez-vous ces activités ?

Avec une cotisation annuelle de seulement 20 €, il serait impossible de mener de tels projets sans le soutien de nos partenaires : l'Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte, la Fondation Loutsch-Weydert, l'asbl Aureus Ars & Scientia, l'INRA, ainsi que la commune d'Useldange et plusieurs communes voisines.

Vous publiez également des ouvrages ?

Oui, nous souhaitons partager l'histoire du village avec un large public. Nous avons publié des brochures portant sur la vie du Bienheureux Pierre d'Useldange (2022) et USELDINGEN - Auf den Spuren seiner Vergangenheit (2024) en coopération avec les Kultur- et Buergfrënn.

Votre nouvelle parution porte sur la chasse aux sorcières. Comment est née cette idée ?

En 1624, un procès pour sorcellerie fut intenté à Katrin Theis – un épisode tragique mais captivant de l'histoire locale. Cette affaire, déjà adaptée en pièce radiophonique par Jemp Schuster, a inspiré notre spectacle théâtral d'octobre 2024, donné exactement

400 ans après les faits. Ce succès nous a conduits à publier un livre en commémoration de Katrin Theis.

Pourquoi ce sujet est-il si captivant ?

Le procès est documenté par un dossier judiciaire complet – fait rare – offrant un aperçu précieux du contexte juridique, politique et social du XVII^e siècle, ainsi que du quotidien villageois de l'époque.

Quel message souhaitez-vous transmettre ?

Au-delà des faits, le livre fait revivre l'atmosphère de l'époque : les peurs, les croyances, les rapports de pouvoir. Il invite à réfléchir aux mécanismes de l'intolérance et à ce qu'ils peuvent nous enseigner aujourd'hui.

Où peut-on se procurer l'ouvrage ?

Le Livre 1624 Hexejuegd zu Uselding – De Prozess vun der Katrin Theis est paru en octobre 2025. L'édition, limitée à 250 exemplaires, comprend 230 pages illustrées et coûte 58 €.



Les Amis
du Prieuré
d'Useldange

Les Amis du Prieuré d'Useldange asbl

prieure_useldange@hotmail.com
amisduprieure-useldange.lu

Dir kënn dat neit Buch bestellen iwwer /
Vous pouvez commander le nouveau livre :
(+352) 691 63 00 44.
alwal@pt.lu

ALLDAGSHELD AUS DEM WËLLE WESTEN

INTERVIEW MAM
CHARLES REISER

Zënter méi wéi 50 Joer hält de Charel Reiser d'Evenementer am Réidener Kanton mat senger Kamera fest. Vill vun de Fotoen, déi de Syndikat Kanton Réiden an d'Gemenge publizéieren, goufe vum Charel geknipst. Obwuel hie gréisstendeels éierenamtlech ënnerwee ass, ass hien ëmmer séier, zouverlässeg an op seng eege besonnesch Manéier am Asaz. De Charel huet haut 76 Joer, zënter 1972 glécklech mam Francine Beckerich bestuet, Papp vun engem Meedchen an engem Jong an houfreg Bopi vun zwee Enkelkanner.

Kanns du eis e bëssen iwwer deng Kandheet erzielen?

Ech kommen aus enger Bauerefamill vu Feelen a mir waren zu 4 Gesëschter. A menger Kandheet a Jugend hunn ech ëmmer um Haff matgehollef – am léifste war ech mam Trakter ënnerwee. No der Primärschoul sinn ech op Arel an d'Ecole technique supérieure de l'État gaangen, wou ech den Ofschloss als Tourneur-Fraiseur gemaach hunn. Gläichzäiteg hunn ech do och an Owescoursë fir Auto- a Camions-Mecanicien geléiert.

Wou bass du no der Schoul schaffe gaangen?

Ech hat Chance: Zwee Deeg no der Diplomiwwerreechung hunn ech 1968 bei Goodyear ugefaangen, déi grad eng nei Fabrik um Rouscht opgemaach hat. Ech war als Inspekter fir d'Kontroll vun de Pneue-Formen zoustänneg a war dofir vill a Fabricke queesch duerch Europa an Amerika ënnerwee. Spéider sinn ech an de Büro gewiesselt an ech war och souzesoen de Fotograf vu Goodyear. Ech si ganz gär schaffe gaangen – an a mengen 38 Joer bei Goodyear hunn ech nëmmen dräi Deeg gefeelt.

Wéini has du däin 1. Fotoapparat am Grapp a wéi kouw et dozou?

Dat war 1963, wéi mäi Grousspapp, deemolege Buergermeeschter vu Feelen, déi nei Schoul ageweit huet, ier e sech aus der Politik zeréckgezunn huet. Ech war 14 Joer al an hu mir fir dësen éischten „Optrag“ en Agfa-Apparat kaf.



Du waars iwwer 46 Joer Lokalkorrespondent fir d'Luxemburger Wort an elo bass Du nach als Freelance fir d'Wort, RTL, aner Medien, fir eis Gemengen a privat Occasiounen am Asaz. Wat gefält dir un där Aarbecht?

Ech si vun Natur aus e ganz gesellege Mënsch. Sou kommen ech ëmmer ënner d'Leit a gi villes gewuer. Et ass e schéint Gefill, wann ee Merci gesot kritt a fir seng Aarbecht gelueft gëtt.

Fënns du dech an denger Foto-Sammlung erëm?

Jo, ech hunn all meng Artikelen erausgeschnidden a chronologesch an Hefter agepecht. Och d'Fotoen, digital an op Pabeier – hunn ech all schéin no Uertschaft geuerdent. Pro Joer maachen ech tëscht 8.000 an 9.000 Fotoen.

Du bass och vill am Asaz fir d'Gemengen an de Syndikat. Wéi kouw et dozou?

Et ginn hautdesdaags net méi vill éierenamtlech Fotografen. Wéi ech Lokalreporter gi sinn, hunn ëmmer méi Gemengen aus dem Kanton mech gefrot. Bis haut maachen ech Fotoe fir si – an esouguer och fir Gemengen ausserhalb vum Kanton.

Huet deng Famill dech net doheem vermësst, wann s du vill ënnerwee waars?

Ech hunn ëmmer probéiert, sou séier wéi méiglech nees doheem ze sinn. Natierlech huet de Familljeprogramm heiansdo missen ugepasst ginn. Ech si menger Fra immens dankbar, datt si ëmmer Verständnis a Rücksicht fir mäin Hobby hat.

Wat sinn deng aner Hobbyen nieft der Photographie?

Ech si gär a Gesellschaft a ginn dacks de Weekend mat Frënn eraus. Ech sinn och e grouse BMW-Frënd – de Moment fieren ech en Elektro-BMW.

Als Bauerejong hunn ech och haut nach groussen Interessé un der Entwécklung vu landwirtschaftleche Maschinnen, dat verfolgegen ech all Dag um Internet. Meng Liblingsmark ass Claas!



De Charel als Pompjeeskommandant 1978.
Charles comme commandant des pompiers en 1978.

© Archive vun den Dauler Pompjeeën

Bass du nach ëmmer aktiv am Veräinsliewen?

Jo, ganz kloer. Ech war zënter 1965 bei de Pompjeeën an déi lescht zéng Joer bis zu mengem obligatoreschen Austrëtt mat 65 Joer als Kommandant. Zënter 12 Joer sinn ech aktiv an der Amicale vun de Pompjeeën. Mir organiséieren d'Buergbrennen, d'Fëschbaken um Karfreideg an d'Kiermesham. D'Pompjeeë waren ëmmer mäi Liblingsveräin – an dat bleift och esou.

Wou hëls du deng onendlech Energie a Begeeschterung hier?

Alles wat ech maachen, maachen ech gären. A wann een eppes gäre mécht, mécht een et meeschtens och gutt. Meng Famill, d'Fotografie, d'Veräinsliewen an d'Gesellschaft gi mir immens vill Energie.

An doheem hues du nach Geessen – wat bedeiten déi fir dech?

Ech hu säit bal 30 Joer Geessen nieft eisem Haus. Ech hunn d'Déiere gären an ech mengen, si sinn och frou mat mir. Si hunn et jo och gutt bei mir, gi gutt gefiddert a kréien alles wat si brauchen.

Wat ass däi Liewensmotto?

Du kanns eppes Guddes aus dengem Liewe maache wann s du wëlls!

Mir soen dem Charel e ganz häerzleche Merci fir déi exzellent Zesummenaarbecht, seng vill flott Fotoen a säi grousst Engagement fir d'Allgemengheet!



De Charel mat senger Fra.
Charles avec sa future épouse.

© PRIVAT



De Charel sëtzt mat mir um Trakter.
Charles assis à l'avant du tracteur.

© PRIVAT



De Charel als Inspektor fir d'Kontroll vun de Pneue-Formen.
Charles comme inspecteur du contrôle des moules de pneus.

CHARLES REISER : HÉROS DU QUOTIDIEN

Depuis plus d'un demi-siècle, Charles Reiser photographie les événements du canton de Redange. Nombre de photos publiées par les communes et le Syndicat lui sont dues. Aujourd'hui âgé de 76 ans, marié depuis 1972 à Francine Beckerich, père de deux enfants et grand-père de deux petits-enfants, il reste une figure incontournable de la vie locale.

Issu d'une famille paysanne de Feulen, il a étudié à l'ETS d'Arlon et a commencé sa carrière en 1968 chez Goodyear, où il a travaillé 38 ans en tant qu'inspecteur puis employé de bureau – et photographe officiel. Sa passion pour l'image a débuté dès l'adolescence, lorsqu'il a immortalisé l'inauguration de l'école de Feulen à l'âge de 14 ans.

Correspondant local du Luxemburger Wort pendant 46 ans, il continue aujourd'hui comme photographe freelance pour divers médias, communes et particuliers. Sociable et curieux, il apprécie les rencontres et garde soigneusement ses archives. Avec 8 000 à 9 000 clichés par an, il couvre aussi de nombreux événements communaux, à titre bénévole.

Parallèlement, il s'est fortement investi dans la vie associative : pompier depuis 1965, commandant jusqu'à son départ obligatoire à 65 ans, il reste actif au sein de l'Amicale, organisant le « Buergbrennen », la friture du Vendredi saint et le jambon de kermesse.

Toujours énergique, il attribue son enthousiasme à l'amour de sa famille, de la photographie et de la vie en société. Passionné de BMW et de machines agricoles, il élève aussi quelques chèvres depuis près de 30 ans. Sa devise reflète son engagement : « Tu peux faire quelque chose de bon de ta vie si tu le veux ! »



De Charel mat sengen 3 Geessebéck.
Charles avec ses trois boucs.



De Charel gëtt bei Goodyear ausgezeechent fir 25 Déngschtjoren.
Charles est honoré chez Goodyear pour 25 années de service.



De Charel gëtt geëiert fir säin éirenamtlechen Asaz.
Charles honoré pour son engagement bénévole.

DE FOULSCHTER GESANK STELLT SECH VIR

1884 als Männergesank gegrënnt, zielt de Veräin haut 35 aktiv Sängerinnen a Sänger tëscht 13 a 78 Joer. D'Direktioun läit zanter 20 Joer an den engagéierten Hänn vun der Claire Garçon-Wio, an de Pol Wio begleet de Chouer zanter 30 Joer op der Uergel.

Wéi dacks a wou prouft Dir?

Mir prouwen all Freideg, a viru Concerten och mëttwochs an eisem frësch renovéierte Gesankssall, beim Centre culturel zu Fouscht.

Wat fir e Repertoire sangt Dir?

Laang war eise Gesank e rengen Kierchechouer. Wéi et zu Fouscht ëmmer manner Déngschter gouf, hu mir 2011 ugefaangen och weltlech Concerten ze singen. Haut reecht eise Repertoire vu klassesche Wierker (wéi dem Messias vum Händel oder Mozart) iwwer Musical a Gospel bis afrikanesch Lidder, Schlager, Rock a Pop.

Wou trëtt Dir op?

Eis Concerte fannen haaptsächlech zu Fouscht statt, mee mir triede reegelméisseg am ganze Land op an och am Ausland. En Highlight war 2012 de Concert national vum Piusverband am Conservatoire. An de leschte Joren hu mir mat groussen Orchesteren, wéi der Diddelenger Stadtmusek an dem Orchestre Philharmonique Thionville, zesummegeschafft.

Ass och Plaz fir Kanner an Ärem Chouer?

Jo, all Joer fir de weltleche Concert prouft eis Dirigentin Extraiten aus engem Musical mat de Kanner an. D'Kanner si sou begeeschtert, datt si et kaum erwaarde kënnen, bis et nees lassgeet.

Op wéi eng Momenter kuckt Dir am léifsten zeréck?

Onvergiesslech bleiwen eis Optrëtter an der Philharmonie, als klengen Duerfveräin ass et scho ganz extra do dierfen ze singen. Mee och eisen 125. Anniversairesconcert mat Auszich aus dem Messias vum Händel an d'Johannespassioun ware ganz besonnesch.

Sidd Dir op der Sich no neie Sängerinnen a Sänger?

Jo, mir sinn ëmmer op der Sich, besonnesch Alt- a Männerstëmmen, mee och Soprane si wëllkomm. Nouteliesen ass keng Viraussetzung – a mir freeën eis och op Jonker!

Wat bedeit et, Deel vum Gesanksveräin ze sinn?

D'Membere schätzen déi gutt Stëmmung, déi gemeinsam Freed um Singen an d'Frëndschaften, déi am Veräin entstane sinn. No de Prouwe gëtt dacks nach e Patt gedronk, gepotert a gelaacht.

Wat sinn Är Pläng fir d'Zukunft?

No enger intensiver Saison 2025, déi de Chrëschtconcert den 21. Dezember zu Fouscht ofschléisst, si schonn eng Parti Optrëtter geplangt. Ufanks 2026 invitéiere mir op eng Porte ouverte an eisem neie Sall mat „offener Prouf“, wou jiddereen aus der Ëmgéigend mat eis zesumme ka sange kommen. Avis aux intéressés!



Déi aktiv Sängerinnen a Sänger aus dem Fouschter Gesank.
Les chanteuses et chanteurs actifs de la chorale de Folschette.



All Joer organiséiert de Fouschter Gesank e Projet mat Kanner.
Chaque année, la chorale de Folschette organise un projet avec des enfants.



De Komitee.
Le comité.

LA CHORALE DE FOLSCHETTE SE PRÉSENTE

Fondée en 1884 comme chœur d'hommes, la chorale compte aujourd'hui 35 membres de 13 à 78 ans. Claire Garçon-Wio la dirige depuis 20 ans et Pol Wio l'accompagne à l'orgue depuis 30 ans.

À quelle fréquence et où répétez-vous ?

Nous répétons chaque vendredi, ainsi que le mercredi avant les concerts, dans notre salle de répétition rénovée au Centre culturel de Folschette.

Quel est votre répertoire ?

Longtemps chœur d'église, nous donnons aussi des concerts profanes depuis 2011. Notre répertoire va du classique aux comédies musicales, du gospel aux chants africains, ainsi que variété, rock et pop.

Où vous produisez-vous ?

Principalement à Folschette, mais aussi dans tout le pays et à l'étranger. Parmi nos moments forts : le Concert national du Piusverband (2012) au

Conservatoire. Ces dernières années, nous avons collaboré avec de grands orchestres, tels que la musique municipale de Dudelange et l'Orchestre Philharmonique de Thionville.

Y a-t-il aussi de la place pour les enfants dans votre chorale ?

Oui. Chaque année, les enfants préparent des extraits de comédies musicales pour le concert profane — un moment très attendu.

Êtes-vous à la recherche de nouveaux choristes ?

Oui, surtout des altos et des voix masculines, mais toutes les voix sont bienvenues. Lire la musique n'est pas indispensable, et les jeunes sont encouragés à nous rejoindre.

Que signifie faire partie de la chorale ?

Une ambiance conviviale, le plaisir de chanter ensemble et des amitiés fortes. Après les répétitions, on partage souvent un verre et un moment

agréable.

Quels sont vos projets pour l'avenir ?

Après une saison 2025 bien remplie, clôturée par le concert de Noël du 21 décembre, plusieurs prestations suivront. Début 2026, nous organiserons une journée portes ouvertes avec une répétition ouverte au public.



Fouschter Gesank asbl.

(+352) 691 566 732
chorale@fouschtergesank.lu
fouschtergesank.lu
f fouschtergesank

MUSIQUE DANS LA VALLÉE : QUAND LA MUSIQUE UNIT TOUTE UNE VALLÉE



Sept concerts répartis sur les 5 communes de la vallée de l'Attert : Attert, Beckerich, Ell, Préizerdaul et Redange, cela donne :

- des œuvres d'Arvo Pärt, Charpentier et Pachelbel pour un concert autour de la paix interprété avec beaucoup d'intensité et d'émotion par des musiciens de chez nous; sans oublier une mise en valeur des orgues de l'église de Ell ;
- une interprétation étincelante de pépites trouvées dans le répertoire de Maurice Ravel par un quatuor de haut niveau ;
- une sublime découverte des sonorités des peuples de Bulgarie ou de Géorgie, peuples attachés à leur terre ;
- la création d'un spectacle comprenant des comptines en langue française et luxembourgeoise ;
- un concert original combinant la projection de peintures, les commentaires d'une conférence et une transcription musicale de grande qualité sonore ;
- une interprétation pleine de sensibilité, avec une soliste au tempérament de feu soulignant magistralement le caractère automnal de la composition de Respighi, une violoncelliste maîtrisant naturellement et sans forcer, une œuvre de Schumann sans oublier un orchestre dirigé par un tout grand chef ;
- un orchestre, des solistes et des choristes en symbiose pour l'interprétation de la Passion selon Saint Jean de Scarlatti.

Ce festival ne pourrait se faire sans la mise à disposition des églises par les paroisses, les équipes techniques des cinq communes, les bénévoles des associations locales venant en renfort le jour du concert, mais également sans le soutien de nombreux pouvoirs subsidants et d'entreprises locales.

Merci également au public fidèle, qui a été une fois encore attentif et enthousiaste.

Le rendez-vous est déjà pris pour l'édition 2026 avec de nombreuses surprises.



Festival « Musique dans la Vallée »

Au pays de l'Attert asbl
musique.vallee@attert.be

VÉIER ZÄITREES- TRÉPPELTIER DUERCH DE WËLLE WESTEN!



Am Hierscht huet de Syndikat Kanton Réiden véier Zäitrees-Tréppeltier organiséiert.

De 7. September hunn den Arthur Bour an de Claude Steichen vum DigitalArchiv Préizerdaul ronn 60 Persounen bei héichsummerlechem Wieder op e véier Kilometer laangen Tour duerch déi al Deeler vu Biebereg a Rëmmereg gefouert. No enger klenger Erfrëschung goung et am Centre Op der Fabrik weider mat enger Virstellung vum DigitalArchiv Préizerdaul. Op dëser digitaler Plattform hunn den Arthur an de Claude méi wéi 4.000 al Fotoen, Bicher, Dokumenter a Filmer aus Préizerdauler Gemeng digitaliséiert (www.dap-preizerdaul.lu).



© Charles Reiser



© Charles Reiser



© Charles Reiser

De 14. September huet de Romain Gaspar d'Participanten zu Bungeref op de Spuere vum Nic. Molitor (1882-1952) begleet, deem säi photographescht Wierk 2.000 Glasplacken iwwer d'Bungerefer Duerfliewen ëmfaasst. Ënnerwee goufen unhand vun den ale Fotoe Vergläicher zu haut gezunn an Informatiounen iwwer dat beweegte Liewe vum Nic. vermëttelt. De Syndicat d'Initiative vu Bungeref huet dësen Tour mat organiséiert a mécht eng wäertvoll Aarbecht beim Entretien vum Wee.

Den 28. September hunn d'Useldinger Prioratsfrënn op eng Zäitrees duerch d'Geschicht vun Useldeng invitéiert. Um ronn véier Kilometer laange Parcours, dee vun der Buerg iwwer de Bunnwee, d'Priorat, d'DEA-Gebai, d'Villa Reiffers bis bei d' Lourdes-Grott gefouert huet, hunn déi bal 30 Participante vill spannend Geschichten a Fakten iwwer d'Duerf, seng Geschicht a seng Bewunner vum Stephanie Reichert an dem Georges Majerus krut.

De 5. Oktober hunn de Romain Gaspar an den Alwin Geimer eis iwwer d'Schleise vun der Eller Grousswiss opgekläert. Hei gesäit een nach 5 Schleisen, déi Deel vun enger androcksvoller Bewässerungsanlag waren, déi et bis op d'Weltausstellung vun Antwerpen 1894 gepackt huet. Dës al Technik, och ënnert dem Numm „Fléizen“ bekannt, war bis an d'50er Jore besonnesch am Éislek ganz verbreet a gehéiert haut zum immaterielle Kulturierwe vu Lëtzebuerg.



© Charles Reiser



Syndikat Kanton Réiden
11, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 33 4-040
communication@kanton-reiden.lu

Dir fannt d'Broschüre
vum Nic. Molitor Wee hei:





Lundi fermé
Mardi-Vendredi
9h-12h et 14h-18h
Samedi
9h-16h

Dames 37-45 Hommes 42-50






43, Grand-Rue L-8510 Redange

 Loll's Shoes



25, rue Principale

L-8818 GREVELS

 621 688 661  info@nova-fid.lu
 621 650 880
 621 720 776  www.nova-fid.lu

- Privat Steuererklärungen
- Grënnung vu Betriber
- Comptabilitéit
- TVA Deklaratiounen
- Joresofschlëss
- Erstellung vu Zwëschesituatiounen
- Kontakt mat den Administratiounen
- Ufroer vu Subsiden
- Salairen
- Perséinlech Berodung



DAS CYCLING TEAM ATERTDAUL STELLT SICH VOR

Das Cycling Team Atertdaul (CTA) wurde 2016 von einigen begeisterten Vätern gegründet, um den Radsport bei Kindern und Jugendlichen zu fördern. Heute zählt der CTA zu den erfolgreichsten Radsportvereinen des Landes. Wir haben mit Stefan Meilinger, Vizepräsident und Trainer, gesprochen – er ist seit Beginn mit viel Herzblut und Energie dabei.

An wen richtet sich euer Verein?

Unser Angebot richtet sich an Kinder und Jugendliche. Die Jüngeren (ab 6 Jahren) beginnen mit dem Mountainbike (MTB), lernen Technik und Sicherheit und sammeln erste Rennerfahrungen. Die Älteren fahren – je nach Saison – MTB, Cyclocross und Rennrad. Alle nehmen regelmäßig an Wettkämpfen teil, und wir zählen inzwischen über 200 lizenzierte Fahrer. Neben dem Spaß steht vor allem die sportliche Herausforderung im Vordergrund.

Was lernen die Kinder im Radsport?

Sie entwickeln Ausdauer, Selbstvertrauen und Disziplin – und lernen auch mit Niederlagen umzugehen. Obwohl Radsport kein klassischer Teamsport ist, erkennen sie schnell, dass man nur gemeinsam erfolgreich sein kann.

Ihr habt ja auch schon einige Profis hervorgebracht?

Wir sind stolz, dass unsere jungen Fahrer:innen regelmäßig Meistertitel holen. Einige sind inzwischen Profis geworden, darunter Marie Schreiber, Nina Berton, Loic Bettendorf und die Geschwister Liv und Mats Wenzel.

Wie ist der Verein organisiert?

Vorstand und rund 15 Trainer engagieren sich ehrenamtlich. Ohne die Unterstützung motivierter Eltern würde es nicht funktionieren. Die Finanzierung unserer Stagen und Rennen gelingt nur dank unserer Sponsoren.

Organisiert ihr auch eigene Rennen?

Ja, zweimal im Jahr: Den Kropemannscup (MTB) im Frühjahr und den Kropemann Grand Prix (Straßenradrennen) im Juni. Diese Veranstaltungen bedeuten großen organisatorischen Aufwand, und zur Sicherheit der Fahrer brauchen wir viele freiwillige Helfer.

Was ist eure Botschaft an interessierte Eltern?

Wenn Ihr Kind Freude am Radfahren hat und Sie die Zeit haben, es regelmäßig zum Training zu bringen und die Räder zu pflegen, dann ist dieser Verein genau das Richtige! Wir freuen uns auch über Eltern, die unsere Trainer und das Komitee unterstützen möchten.



Wir sind stolz, dass unsere jungen Fahrer:innen regelmäßig Meistertitel holen.
Nous sommes fiers que nos jeunes cyclistes remportent régulièrement des titres de champion.



Von klein auf nehmen die Kinder an Wettbewerben teil.
Dès leur plus jeune âge, les enfants participent à des compétitions.



Die Kleinen fangen mit MTB an.
Les plus jeunes commencent par le VTT.

Was motiviert Dich persönlich, Dich so zu engagieren?

Die Jugend braucht heutzutage mehr denn je jemanden, der sie motiviert Sport zu treiben und Zeit in der Natur zu verbringen. Wir sind bei jedem Wetter draußen, und jedes Training ist anders. Es macht Freude, die Leidenschaft für den Radsport weiterzugeben und zu sehen, wie die Kinder Vertrauen gewinnen und Freundschaften entstehen. Wenn wir gemeinsam im Sattel sitzen, pedalieren und quatschen, dann fühlt es sich an wie ein Treffen mit Freunden im Café, nur mit frischerer Luft!

LE CYCLING TEAM ATERTDAUL (CTA)

Le Cycling Team Atertdaul (CTA) a été fondé en 2016 par quelques pères passionnés, désireux de promouvoir le cyclisme auprès des jeunes.

Aujourd'hui, le club compte parmi les plus performants du pays. Stefan Meilinger, vice-président et entraîneur depuis les débuts, nous en parle.

À qui s'adresse le club ?

Le CTA s'adresse aux enfants et adolescents. Les plus jeunes (6 ans) commencent en VTT pour apprendre la technique et la sécurité avant de participer à leurs premières courses. Les plus âgés pratiquent aussi le cyclocross et la route. Le club compte plus de 200 licenciés, tous régulièrement engagés en compétition.

Que leur apporte le cyclisme ?

Le sport développe endurance, confiance et discipline, tout en apprenant à gérer la défaite. Même si le cyclisme n'est pas un sport d'équipe, les jeunes découvrent vite qu'on ne réussit qu'ensemble.

Des coureurs devenus pros ?

Oui, plusieurs anciens du CTA sont passés professionnels : Marie Schreiber, Nina Berton, Loïc Bettendorff et les frères et sœurs Liv et Mats Wenzel.

Comment fonctionne le club ?

Le comité et une quinzaine d'entraîneurs travaillent bénévolement, soutenus par des parents motivés. Les stages et compétitions sont financés grâce aux sponsors.

Organisez-vous vos propres courses ?

Chaque année, le club organise deux événements majeurs : le Kropemannscup (VTT) au printemps et le Kropemann Grand Prix (course sur route) en juin, nécessitant de nombreux bénévoles pour la sécurité.

Un mot pour les parents ?

Si votre enfant aime le vélo et que vous pouvez l'accompagner aux fréquents entraînements et consacrer du temps à l'entretien des vélos, le CTA est fait pour vous ! Le club cherche aussi des parents prêts à aider les entraîneurs et le comité.

Et ta motivation personnelle ?

Offrir aux jeunes la joie du sport et du plein air. Chaque séance est différente, et voir leur progression et leurs amitiés naître est une vraie récompense. Quand on roule ensemble, c'est comme un café entre amis... avec plus d'air frais !



Unser Präsident Yves Bettendorff mit Marie Schreiber, eine der Profis, die der CTA hervorgebracht hat.
Notre président Yves Bettendorff avec Marie Schreiber, l'une des professionnelles formées par le CTA.



Im Winter steht bei den Älteren Cyclocross auf dem Programm.
En hiver, les plus grands se consacrent au cyclo-cross.



Beim Training unterwegs mit Fränk Schleck.
En entraînement sur la route avec Fränk Schleck



Bei der Gründung des Vereins 2016.
Lors de la création du club en 2016.



Cycling Team Atertdaul

Cyclingteamatertdaul@gmail.com
ct-atertdaul.lu

Cycling Team Atertdaul


COCOTTES
en fête !



Votre menu
des fêtes
en un clic !

Commandez en ligne
ou directement dans
votre boutique Cocottes

  
www.cocottes.lu



Vivez l'esprit tranquille



Système d'alarme



Vidéosuveillance



Détection Incendie



Contrôle d'accès



www.vigilzone.com
+352 27 40 70 07



Appartementer Réiden

Verkauf vun 2 héichwäertge
Wunnengen an der Residence
PRETTY GREEN
107m² an 110m²

Adress:
1, Un der Atert
L-8512 Réiden

ab
1.097.490€



JANS | 4, rue Tom L-9651 Eschweiler | +352 621 199 851 | info@jans.lu



Ein menschliches und kompetentes Team – seit über 25 Jahren 24/7 an Ihrer Seite



Häusliche Hilfe und Pflege, für jedes Alter angepasst



Allgemeine und spezialisierte Behandlungspflege



Tagesstätten für Senioren



Hausnotrufdienst Téléalarm ISO 9001 zertifiziert



Schulungen für unsere Klienten und pflegenden Angehörigen



Reinigungs- und Haushaltsdienste, Einkäufe und Besorgungen

**Denn bei uns
sind Sie in guten Händen!**

Brauchen Sie Hilfe zu Hause?
Kontaktieren Sie uns!

40 20 80 • info@shd.lu



AGENDA

DÉCEMBRE

18/12/2025

Chrëschtmaart am Atert-Lycée
⌚ 11h30
📍 Atert-Lycée, Redange

19-21/12/2025

Theater zu Nojem
📍 Festsall, Nagem

20/12/2025

Chrëschtconcert vun der Schülerband vun der Nojemer Musek
⌚ 19h00
📍 Festsall, Nagem

20/12/2025

Krimidinner vun der Dauler Schimmelkëscht
⌚ 19h00
📍 Centre Culturel
Op der Fabrik, Préizerdaul

21/12/2025

Wanterconcert vun der Réidener Musik
⌚ 17h00
📍 Eglise Redange, Redange

21/12/2025

Chrëschtconcert vum Fouschter Gesank Veräin
⌚ 17h00
📍 Eglise, Folschette

21/12/2025

Krimidinner vun der Dauler Schimmelkëscht
⌚ 12h00
📍 Centre Culturel
Op der Fabrik, Préizerdaul

27-28/12/2025

Haalenturnéier
📍 Sportshal op der Fabrik, Préizerdaul

31/12/2025

Sylvesterlaf
⌚ 15h00
📍 Centre Culturel, Rambrouch

JANVIER

04/01/2025

Réidener Wanterlaf
⌚ 8h45 / 10h00
📍 Atert-Lycée, Redange

04/01/2026

Ouverture Musée Michel Lucius
⌚ 10h30-11h30
📍 Musée Michel Lucius, Reimberg

17-18/01/2026

Theater zu Ell
📍 Centre Culturel, Ell

24-25/01/2026

Theater zu Ell
📍 Centre Culturel, Ell

31/01/2026

Repair Café
⌚ 14h00-17h00
📍 Salle des fêtes, Saeul

31/01/2026

Balades au clair de lune du Syndicat d'Initiative d'Ell
📍 Centre Culturel, Ell

FÉVRIER

01/02/2026

Ouverture Musée Michel Lucius
⌚ 10h30-11h30
📍 Musée Michel Lucius, Reimberg

07/02/2026

Fues-Jux Badmintontournoi
⌚ 14h00
📍 Hall Sportif, Platen

12/02/2026

Liesung Let'z Druddel
⌚ 19h30
📍 Kulturmillen, Beckerich

14/02/2026

CARNAVAL DOTS: Kreativ-Workshop & Visite ludique
⌚ 14h00-16h30
📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

28/02/2026

KIDS AT THE MUSEUM: Visite ludique & Fliedermaus Workshop
⌚ 14h00-16h00
📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

MARS

01/03/2026

Journée de l'histoire locale
⌚ 10h00-18h00
📍 Hall Sportif, Vichten

01/03/2026

Ouverture Musée Michel Lucius
⌚ 10h30-11h30
📍 Musée Michel Lucius, Reimberg

14/03/2026

Repair Café
⌚ 14h00-17h00
📍 Centre Culturel, Ospren

14/03/2026

Live Concert "The Horse Blinders"
⌚ 20h00
📍 ManuKultura, Useldange



WICHTEG:

Schéckt eis w.e.g. d'Informatiounen iwwer Är Eventer. Esou kënnen mir se an dësen Agenda an an eis Newsletter ophuelen! magazine@kanton-reiden.lu

Deadline fir d'Fréijorseditioun: 15. Februar 2026


Mir soen Iech Merci!

IMPORTANT :

Veuillez nous envoyer les informations concernant vos événements. Cela nous permettra de les inclure dans cet agenda et dans notre newsletter ! magazine@kanton-reiden.lu

Date limite pour l'édition de printemps: 15 février 2026

Un grand Merci!



**Schéi Chrëschtdeeg a vill Spaass
beim Ausmole gewënscht!**

Joyeux Noël et beaucoup de plaisir à colorier !



*De Syndikat Kanton Réiden wënscht Iech zum Joresenn vill schéi Momenter mat Äre
Léifsten, Zäit fir duerchzeootmen an nei Kraaft ze tanken.*

*2026 soll Iech Zefriddenheet, eng staark Gesondheet, Zouversicht an Inspiratioun bréngen
– gutt Frënn un Ärer Säit, Zäit fir dat, wat Iech gutt doet a genuch Beweegung – am
Kierper wéi am Geescht.*

*Le Syndicat Kanton Réiden vous souhaite, en cette fin d'année, de nombreux moments
précieux entourés de vos proches, du temps pour respirer et refaire le plein d'énergie.*

*Que 2026 vous apporte satisfaction, une santé solide, confiance et inspiration – de bons
amis à vos côtés, du temps pour ce qui vous fait du bien, et suffisamment de mouvement –
pour le corps comme pour l'esprit.*

*The Syndicate Kanton Réiden wishes you many wonderful moments with your loved ones at
the end of the year – time to breathe, to rest, and to recharge your energy.*

*May 2026 bring you contentment, strong health, confidence, and inspiration – good friends
by your side, time for what makes you feel good, and plenty of movement – for both body
and mind.*

*O Sindicato Kanton Réiden deseja-lhe, neste final de ano, muitos momentos felizes junto das
pessoas que ama – tempo para respirar, relaxar e recarregar as energias.*

*Que 2026 lhe traga satisfação, muita saúde, confiança e inspiração – bons amigos ao seu
lado, tempo para o que lhe faz bem e movimento suficiente – para o corpo e para a mente.*

